

## 0) Intro

*Intro: Verschidden Videoen vu Rakéitestarts aus den 60ger a 70ger ginn ageblendt, dozou d'Titelen vum Film. Emmer nees ginn déi Videoschnipsel ennerbrach duerch Interviewen mat Astronaut\*innen.*

*LOCATION: Pressekonferenz virun der Ofschossbasis*

**Journalistin:** Iech erwaard näischt anescht wéi déi gréissten Erausfuerdung vun der kommerzieller Weltraumfahrt.

**Astronaut 1:** Mir fléien dohin, installéieren d'Bréck, a landen um Planéit. Sou einfach geet dat. Mir sinn all an Topform an d'Motivatioun ass héich. Elo geet et em alles an déi ganz Equipe kann endlech weise wat se kann.

**Journalistin:** Dir hutt als Elektromechaniker ugefaangen a sidd lo Astronaut.

**Astronaut 2:** De Beruf Astronaut fasziniert einfach. Et ass awer net de Prestige deen mech unzitt, mä d'Aventure, d'Gefor.

**Journalistin:** 130 Milliounen investéiert är Firma an des Missioun, ass et dat wäert?

**Astronaut 3:** Stellt mer déi Fro nach eng Kéier wann eise Konzern an zwee Méint dat duebelt dovunner nees ageholl huet. *(laacht, Journalistin laacht och)*

**Journalistin** *(Zu enger Astronatin, déi net äntwerten):* Dir wäert lo e puer Deeg fort sinn, ween passt an der Zäit op äer Kanner op? Wat seet dann äere Mann dozou, dass Dir hei matflitt? A wéi funktionéiert Hoerwäschen am Weltraum?

*(D'Astronatin geet fort, zu engem Astronaut/Alternative: Den Astronaut dreckt sie aus dem Bild; Alternative: dat Ganzt mat Jump Cuts)*

**Journalistin:** Wäert der et um Raumschëff net vermessen an enger richteger Kichen kachen ze kënnen... Oh pardon! Dat ass mer lo awer onangenehm, ech hu mech an der Fro geiert. Ah hei ass di Richteg: Wéiee Carrière Schrëtt plangt Dir no dëser Missioun?

---

## 1) PR-Berodung

*LOCATION: Büro vum Chef*

**PR-Mann:** *(Presentéiert d'Kampagne als Powerpoint-Show, et ass wéi eng Konferenz déi grad voll leeft.)* Biologesch si sech ganz ähnlech obwuel een dat op den échte Bléck net menge géif. Op d'äer enger Säit Rationalitéit, Aktivitéit a Stärkt. Op d'äer anerer dat Natirlecht, Passivt, Ursprüngelecht, dat just drop waart erobert a beschützt ze ginn. Vun eis, selbstverständlech. Am Géigesaz zu der Äerd ass dësen aneren Planéit souwuel schéin a fruchtbar wéi och schwaach an ënnerentwéckelt.

A lo stellt iech de Sauerstoff fir, dee mir vun do iwwert eis Resourcebréck importéiere wäerten, déi proppersten a rengste Loft, déi ee sech virstelle kann. 300€ de Kubikmeter, dat sinn 30 cent de Liter, déi beschten Offer fir Premium-Loft zanter der Verschmutzung vun der Äerd. 40 Cent fir d'Fairtrade-Versioun, 20 Cent de Liter wann een et als Flatrate abonnéiert, Dubai a Qatar si ganz fir bäi mat de Vir-Reservatiounen.

*(Gett vun engem Schredder ennerbrach, de Chef schreddert grad eppes...)*

**Chef:** Ech hunn dee Schredder sou gäer... Ehm, mee ganz beandrockend dat do.

**PR-Mann:** An wann ech dann fäerdeg si mat der Presentatioun, dann ass et un Iech, an da sot Dir wéi beschwat: Ech si frou matdeelen ze kënnen, datt eis Astronauten an, opgepasst "Astronautinnen" - dir wësst jo, genderen net vergiessen - de "Planéit Zweek" betratt hunn. Well déi éicht Persoun op P2 bei eis ugestallt ass, ass dës Planéit domat lo offiziell am Besëtz vun eiser Firma.

**Chef:** Okay, jo, dat kréien ech hinn. An d'Nofroen ginn dann direkt nees un iech.

**PR-Mann:** Et ass ären éischten ëffentlechen Optrëtt. Et wier gutt, wann Dir opmannst zwou Froe selwer beäntwerte géift.

**Chef:** Hm.

**PR-Mann:** Ech weess wat der denkt mä bei Ärem Papp wor dat deemols eng ganz aner Situatioun. D'Press huet attackéiert well se wosst no wat se sicht. Hie war zanter dem "Twittergejäiz" net méi ze retten.

**Chef:** Dir mengt, et kéinte Fraen zu mengem Papp...eh, Froen zu mengem Papp kommen?

**PR-Mann:** Wann däer kommen, sot Der, eis Firma wier modern an tolerant a géiff kee Sexismus toleréieren.

**Chef:** Dass et haut schonn sexistesch ass eng Firmefeier am Puff z'organiséieren.

**PR-Mann:** Dat wor net de Probleem, soss wieren d'Journaliste jo net matgaangen. Et ass éischer em d'Detailer am Verhalen gaangen.

**Chef:** Dass et haut scho sexistesch ass enger Fra e Kompliment ze maachen.

**PR-Mann:** De Probleem war d'Aart vum Kompliment. Dat ass ganz subtil.

**Chef:** Dass et haut scho sexistesch ass Brëscht schéin ze fannen.

**PR-Mann:** Et wier besser gewiecht, wann Äre Papp bei de Brëscht vun der Prostituierter bliwwen wier an herno déi vun der Journalistin a Rou gelooss hätt.

**Chef:** Do soll nach een d'Logik dohannert verstoen.

**PR-Mann:** Well de Moment schléit d'Fal zou, de Virfall gëtt direkt instrumentaliséiert. Wéi am Fall vun Ärem Papp gëtt een dann mat Leit, déi tatsächlech Frae begrapschen, an een Dëppen geheit. An da gëtt do grouss „Sexismus“ driwwer geschriwwen.

**Chef:** Geféierlech. Fréier huet ee Probleemer nach ënnertenee gereegelt, vu Mann zu Mann, mee haut gëtt alles op Twitter direkt der ganzer Welt matgedeelt. Dat zerstéiert eis Gesellschaft.

**PR-Mann:** Macht am Beschten e Bou em Fraleit, déi en Twitteraccount hunn. A bleiwt bei "modern an tolerant Firma".

**Chef:** Wann dat duergoe géif... Déi erwaarden sech lo wahrscheinlech, dass ech als Zeechen vum gudde Wëllen eng lesbesch Neger-Fra als Assistentin astellen. Déi misst och muslimesch sinn.

**PR-Mann:** *(reselt de Kapp)* Wa schon, dann eng Transfra.

**Chef:** Eng waaat?

**PR-Mann:** Vergiesst et. Tolerant a modern Firma geet och wierklech ouni Beispill duer.

**Chef:** Bon. Ech schwätzen einfach mat guer kenger Fra méi hei an der Firma. Sally? Kaffi!

**PR-Mann:** *(sain Telefon schellt)* Moment. Dat do ass d'Press, Sekonn. Hallo?

**Chef:** Dobäi hu mir eng Fra op all Affiche... Bei der Konkurrenz ass dat net sou!

**PR-Mann:** *(um Telefon)* Déi Informatioun kann ech net bestätegen. Alles leeft wéi geplangt, jo...

**Chef:** A mëttelfristeg plange mir eng eege Gamme vu Sauerstoff-Sprayen speziell fir Fraen.

**PR-Mann:** *(um Telefon)* Dat ass e Gerücht. D'Missioun leeft wéi geplangt of. Detailer ginn et op eiser Pressekonferenz. Äddi.

**Chef:** Suguer d'Invitatioun un d'Press wor gegendert, opwuel dat einfach just verwirrend ass an d'Sprooch chaotesch mécht... Meng Fra seet dat och!

**PR-Mann:** Ech ehm, muss lo riwwer an de Kontrollraum. Näicht Tragesches... et ass u sech näischt geschitt, ech muss kuerz riwwer, Dir kënnt jo an Tëschenzäit nach e bëssen üben.

*(De Chef hëllt "FRAEN - Wou se ze fannen sinn a wat se maachen" aus dem Regal a schléit en op)*

**Chef:** Gender-Mainstreaming... *(An d'Kamera)* Weess iwwehaapt irgendeen wat dat heescht? Ech hunn d'Gefill, dass d'Definitioun all Dag méi komplizéiert gëtt.

---

## **2) Enn vun engem Traditionsbetriib**

*Am Kontrollraum blénkt en rout Alarm-Luucht. D'Vize-Chefin leeft duerch zwee Reien mat Descher, un deenen Leit hecktesch an hier Computeren hämmeren oder un Telefoner hänken. Hien kritt Informatiounen während hien vun Bildschirm zu Bildschirm geet.*

**Mataarbechter 1:** Virun 2 Stonnen, 15 Minutten ass d'Gallabu 4 an der Emlaafbunn vu P2 ukomm, no eng Véierelstonn konnt awer kee Kontakt méi hiergestallt ginn. Kee vun den Astronauten ass ereechbar.

**Mataarbechter 2:** Cpt. Richard, Cpt. Nicholay, Cpt. Weydert, Cpt. Quintus, Cpt. Zoller an Cpt. Alesch si weder iwwert hier Kapsel, nach iwwert hier individuell Kommunikatiounssystemer z'erechen.

**Sally:** Eis Satelite weisen allerdéngs un, dass d'Raumschëff nach op der richteger Streck ass. D'Resourcebréck gouf zwar net wéi geplangt installéiert, mä et schéngt näischt u Bord futti ze sinn, wat erstaunlech ass... *(Den Vize-Chef ass weidergaangen)*.

**Informatiker:** Kuerz nodeems festgestallt gouf, dass kee Kontakt méi besteet, si verschidde Funktiounen ausgefall, an zwar kontinuéierlech. De Kommunikatiounssystem funktionéiert zwar nach, mir hunn awer méttlerweil guer keng Kontroll méi iwwert de Steuerungssystem, kënne vun hei ennen also net op d'Schëff zougräffen.

**Vize-Chef:** *(Vize-Cheffin ass um Enn vum Desch ukomm, wou de Vize-Chef steet an op déi grouss Bildschiermer am Hannergrond kuckt)* Merde. Wat mengt Dir?

**Vize-Cheffin:** Mir hätten net virun 2 Stonnen déi éicht Biller vum Opbau vun der Resource-Bréck ukënnege sollen.

**Vize-Chef:** Dat mengen ech och.

**Vize-Cheffin:** Sally? Ruff bei der Versécherung un a fro no, wat alles ofgedeckt ass. Huel och scho mol de preparéierte Dossier mam Pressecommuniqué fir den Echec vun der Missioun raus.

**Sally:** Den "Oraison funèbre"?

**PR-Mann** *(kennt dobäi gelaf):* D'Press weess bescheed! Ech weess net wéi, mä d'Press weess bescheed, dass eisen Zäitplang sech schonn em 2 Stonnen verzögert huet.

**Vize-Chef:** Wéi seet de Chef dozou?

**PR-Mann:** Dee weess nach näischt. Am Moment lafen d'Virbereedungen fir d'Pressekonferenz normal weider... Wéi schlëmm ass et?

**Vize-Cheffin:** Wann d'Steuerung vum Schëff futti ass si mer geliwwert. Mir müssen d'Pressekonferenz wahrscheinlech cancellen a lo direkt eng Strategie entwéckelen, wéi mer mat engem eventuellen Totalausfall ëmginn.

**Vize-Chef:** Dat mengen ech och.

**Sally:** *(kennt mat Dokumenter ugerannt)* D'Versécherung iwwerhëllt just Schied, déi duerch eng Collisioun vum Raumschëff mat engem Satelitt entane sinn, mir hunn anscheinend den MoU falsch interpretéiert. E Rass an der viischerter Glace kréie mer awer gratis ersat, wann e méi kleng ass wéi een 2-Euro Stéck. *(D'Vize-Cheffin rappt hier d'Pabeieren aus der Hand)*

**Vize-Cheffin:** Ohgottogottogott, dat iwwerliewe mir net. Als éischt den erzwongene Récktritt vum Chef a lo den Echec vun der Missioun...

**Vize-Chef:** D'Enn vun engem Traditionsbetrieb, deen zanter Generatiounen de Père-en-fils-en-fils-en-fils-en-fils...

**PR-Mann:** SSSou... Irgendeen muss dem Chef bescheet soen. *(riff)* Sally?

**Informatiker:** Lo kuckt iech dat mol un

*(PR-Mann, Vize-Chef a Vize-Cheffin rennen riwwer, um Bildschierm vum Informatiker ass eng Rakét ze gesinn)*

**PR-Mann:** Wat ass dat?

**Vize-Chef:** Eng *Fusée*.

**Informatiker:** Wat ass dat?

**PR-Mann:** Eng Rakét.

**Vize-Cheffin:** D'Rakét vun eiser Konkurrenzfirma. Hat den net ëmmer just sou Minirakéiten?

**Sally:** Ech hu rausfonnt, datt d'Astronauten net méi...

**Informatiker:** *(liest fir)* "Stolze 6,56m misst alleine das Raumschiff Cumal 7 an der Spitze der Rakete". D'Sau...

**Vize-Chef:** Pfff...

**PR-Mann:** Wat dann?

**Vize-Chef:** Dat sinn 5 cm méi wéi eist Schëff.

**Informatiker:** Dat ass gelunn, dat schreiwen déi just sou dohinner, dat ass egal wat.

**Vize-Chefin:** "... sind wir bereit, den Planeten P2, den letzten unberührten Planeten unseres Sonnensystems in Besitz zu nehmen."

**PR-Mann:** Wat? Eise Planéit?

**Informatiker:** Déi sollen hier knaschteg Patten vun eisem Planéit loossen.

**Vize-Chefin:** Nach ass et net eise Planéit. E gehéiert deem, deen als éischt e Fouss drop setzt. Wann dat kee vun eiser Firma ass, dann gehéiert en och net eiser Firma...

**Informatiker:** Natirlech ass et eise Planéit, mir haten als éischt de Plang en ze eroberen. An ouni eis, wier deen Planéit näischt. An net mol dat.

**Vize-Chef:** Dat mengen ech och, mir hunn d'Resourcen op P2 entdeckt. Mir wollten dësem Planéit eng sënnvoll Existenz ginn.

**Informatiker:** P2 huet eppes Besseres verdengt. Mir müssen eis em de Planéit këmmern!

**PR-Mann:** Sou lo halen mer op Objete wéi Fraen ze behandelen!

**Vize-Chef:** Mir müssen onbedéngt als éischt um Planéit landen, d'Landungsschëff muss direkt starten.

**Vize-Chefin:** Mir hu grad kee Kontakt zu den Astronauten.

**Vize-Chef:** Ah jo...

**Sally:** (*mellt sech vun der Säit*) Pardon, mä vläicht ass déi Informatioun wichteg: wann een den Date vun eisem Satelitten gleewt, da fehlt d'Landungskapsel vun eisem Schëff...

**Vize-Chef:** Hei, Sally, kanns du eis net mol e Kaffi sichen goen?

**Vize-Chefin:** Mir müssen een anere Wee siche fir rauszefannen, wat do uewe lass ass.

**Informatiker:** Wat mengt Dir, wat mir hei déi ganzen Zäit maachen.

**Vize-Chefin:** Mir kéinte Kontakt zu enger vun den zwou Astronautinnen ophuelen a probéieren sou vläit un Informatiounen ze kommen?

**Vize-Chef:** Jo, ech sinn och d'äer Meenung.

**PR-Mann:** Ech duecht mir hätte kee Kontakt méi méi zu den Astronauten?

**Vize-Chef:** Hu mer jo och net.

**Vize-Chefin:** Här Gengler, kéint Dir de Kontakt zur Adjudantin Jerkin hierstellen.

**PR-Mann:** Wéi ass dat méiglech, ech duecht kee vun eisen Astronauten wier ereechbar?

**Vize-Chef:** Majo. Dowéinst kontaktéiere mer jo lo eng AstronautIN. Et ass e Noutfall, dofir kann een op Plang D zeréckgräifen.

**Vize-Chefin:** Wann d'Technik komplett scheitert, da kënnen och d'Astronautinnen als Léisung a Betruecht gezu ginn.

(*Kopfhörer ginn ausgedeeelt*)

**PR-Mann:** Dat ass lo net äeren Eescht oder...

**Vize-Chef:** (*versteet falsch*) Dir ennerschätzt d'Astronautinnen. Si hunn déi selwescht Ausbildung hannert sech wéi eis Jongen, souguer mat bessere Noten an der Theorie. Wann et net aanescht geet, kann een et also tatsächlech och mol sou probéieren.

**PR-Mann:** Mir haten déi ganzen Zäit zwou Persounen do uewen, déi...

**Vize-Chef:** Pscht.

**Informatiker:** Kontakt hiergestallt.

---

### 3) Eische Kontakt mat der Besatzung

3(a)

**Jerkin:** Adjudantin Jerkin u Bord vun der Gallabu 4. Gesondheitszoustand: Gudd, Hormonpegel: normal, Emotional Krisen haut: Keng.

**PR-Mann:** Hä?

**Vize-Cheffin:** Obligatoresch Formalitéiten fir weiblech Crewmemberen.

**Vize-Chef:** Hei Kontrollcenter, Buedemstatioun. Mir mellen eis mat enger ganz spezifescher Fro zum aktuellen Stand um Scheff. Ass et méiglech mat engem Astronaut...

**Jerkin:** Et ass net méiglech mat engem vun den Astronauten ze schwätzen. Effektiv hu mer Problemer mat diverse Kommunikatiounssystemer feststellen mussen, allerdéngs keng substantiell Schied...

**Sally:** Hei ass de Kaffi, an ech hunn dem Chef ugeruff a bescheed gesot...

**PR-Mann:** Ahhh, Merde, nee...

**Vize-Cheffin:** Pscht.

**Jerkin:** ... Loftdrock stabil an och all Gravitatiouns...

**Vize-Chef:** Wonnerbar Astronautin, mä kéinte mer...

**Jerkin:** Wéi der gemierkt hutt, si verschidde Fernsteuerungsmechanismen ausgefall. Et handelt sech dobäi awer just em ee Probleem vun der Verbindung mat der Buedemstatioun, u Bord sinn all Steuerungs-Mechanismen inklusiv deene fir den Opbau vun der Resourcebréck intakt. D'Astronauten sinn allerdéngs net méi u Bord...

**Vize-Chef:** Supper, mä wier et vläit méiglech, mam Cpt. Richard ze...

**Jerkin:** ... Et gouf grad e Prozess ageleed fir de ganze Kommunikatiounssystem nei ze starten, mir mellen eis direkt duerno. Allerdéngs wäert och dee Moment kee vun den Astronauten z'erreeche sinn. Ech wäert selwer d'Kommunikatioun iwwerhuelen. Riwwer an raus.

*(Verbindung gett ofgebrach, d'Bildschirmer sinn schwaarz)*

**Vize-Chef:** Zut. Si wollt einfach net op meng Froen agoen, mir wëssen also nach ëmmer net, wat do uewe lass ass.

**PR-Mann:** An elo?

*(Den Informatiker kuckt grad Rakéitenphotoen um Bildschirm)*

**Informatiker:** Et kéint ee probéieren Kontakt zum Maintenance-Team am Bauch vum Scheff hierzestellen. Vläch ass jo een vun den Astronauten do?

3(b)

*(Am Raumscheff, Kapsel vun deenen 2 Astronautinnen)*

**Walentina:** Ech si sou gutt wéi fäerdeg mat der Konfiguratioun vum Steuerungssystem. Dat misst lo halen, all d'Levelen vum Autopilot a vun de Fernsteuerung si komplett deaktivéiert. Lo misst schonn eent vun hei uewen d'Kontroll manuell iwwerdroen oder se fannen de Wee an de Bordcomputer, mä dat ass onwahrscheinlech.

**Jerkin:** Mer sollten lo endlech den Okay fir eis Löscht anhuelen a mat de Verhandlungen ufänken.

**Walentina:** Ech sinn direkt fäerdeg, wollt nach just e puer technesch Detailer opzielen a weisen, dass och Fraen a Filmer sënnslos awer beandroekend op Knäppercher drécke kënnen.

**Jerkin:** Okay, maach weider domat. Ech zesummelen scho mol d'Leit. *(Duerchso - Parallel ginn déi verschidden Besatzungsmitgliedern gewiesen, déi de Message lauschten)* Hei schwätzt d'Adjutant Jerkin. Mir sinn an der Emlaafbunn vu P2 ukomm. An deene leschten 2 Stonnen gouf et awer eng Rei Evenementer, déi di perséinlech Situatioun vun eis hei u Bord verännere kéint. Et ass onbedéngt noutwenneg, dass all d'Memberen vum Equipage sech am Maschinneraum zesummefannen. Ech widderhuelen, mir treffen eis lo direkt am Maschinneraum.

3(c)

*(Buedemstatioun)*

**Informatiker:** Et kéint ee probéieren Kontakt zum Maintenance-Team am Bauch vum Schëff hierzestellen. Vläch ass jo ee vun den Astronauten do?

**PR-Mann:** Mir hunn ee Maintenance-Team u Bord? Dat... Dat wosst ech jo guer net...

**Vize-Cheffin:** Majo, Leit fir d'Hausaarbecht u Bord, Botzen, Kachen, Wäsch... dat zielt net zur regulärer Aarbecht, déi hunn och aner Kontrakter.

**Chef:** *(Steet op ee mol doniewt)* Wat ass dann hei lass, wat geschitt, firwat sinn ech net éischer

informéiert.

**Vize-Chef:** Wahhh.

**Chef:** Ech well direkt mam Cpt. Richard verbonne ginn.

**PR-Mann:** Dat ass grad leider net méiglech, mir hu kee Kontakt.

**Chef:** Wat soll dat heeschen.

**Informatiker:** Leit, ech hunn eng krass Nouvelle. Ech hunn mer iwver d'Satelitten Informatiounen iwwert eist Schëff besuergt. Anscheinend ass d'Landungskapsel net méi um Schëff, mee op de Satellite-Biller och néierens ronderem P2 ze gesinn.

**Chef:** WOU SI MENG ASTRONAUTEN. Wou ass mäi Landungsschëff. Wou ass meng Resourcebréck. Wou ass mäi Kaffi?

**PR-Mann:** Ganz roueg Chef.

**Informatiker:** An nach eng Nouvelle: Wann ech déi Daten vum Schëff richteg interpretéieren, ass kee vun eisen Astronoute méi u Bord.

**Sally:** (*kennt mam Kaffi*) An ech hu grad ee Wee fonnt, wéi een de Kommunikatiounssystem vum Raumschëff ënnert eis Kontroll bringe kéint, sou dat mir selwer...

**Informatiker:** Dat géif heeschen et wieren just nach Fraen u Bord.

---

#### 4) Feministesche Putsch

*(Am Maschinneraum hunn sech all d'Memberen vun der Besatzung versammelt, et si just Fraen. Valentina ass schonn do, Jerkin nach net. D'Besatzung ass onroueg, well se mierken, dat keng Männer do sinn, wessen awer nach net wéi se dat aschätze sollen)*

**Infirmière:** (*an d'Kamera*) So mol, et si just Fraen hei, hudd der dat och gemierkt? Wat leeft hei?

**Sekretärin:** Wou kënnt déi Astronautin dann lo hier?

**Ausstatterin:** Ma se ass virdrun duerch de glieserne Plafong gebrach. Dowéinst och déi ganz Schiebelen hei.

**Botzfra:** Ech botzen dat herno fort.

**Infirmière:** Wat leeft hei?

**Valentina:** D'Männer sinn all an der Landungskapsel.

**Ausstatterin:** Ma supper, wann d'Männer all ennerwee sinn, da maachen mer lo eng Ladies-Night mam neitsten Tommy-Schlesser-Film.

**Valentina:** D'Jerkin erkläert iech lo alles.

**Infirmière:** Solle mer mat der Versammlung dann net waarden bis si rem sin?

*(Jerkin kennt rof)*

**Jerkin:** Léiw Crew, dëst ass ee Moment, deen als grouss Demonstratioun fir d'Fräiheet an d'Weltgeschichte agoe wäert. Viru knapp engem Joerhonnert hu Fraen, an denen hierem symbolesche Schied mir haut stinn, d'Wahlrecht erkämpft. Dest ass den hellste Stär, deen eis leed an d'Hoffnung fir Milliounen Fraen, déi an de Flamen vun enger vernichtender Ongerechtegkeet verbrannt goufen...

**Infirmière:** Wat leeft hei?

**Jerkin:** ...Mä ee Joerhonnert méi spéit, ass d'Fra nach ëmmer net fräi.

**Sekretärin:** Ech mengen, hatt mengt dat net wuertwiertlech.

**Jerkin:** E Joerhonnert méi spéit ass d'Liewen vun de Fraen nach ëmmer duerch d'Fesselen vun der Rolleverdeelung an duerch d'Ketten vun der Diskriminéierung ageschränkt.

**Infirmière:** Wat leeft hei?

**Sekretärin:** Hatt well sech schonn nees emanzipéieren.

**Ausstatterin:** Emanzipatioun, top, ech sinn dobäi. Géint ween?

**Infirmière:** Hunn d'Männer gesot mir sollten dat maachen.

**Sekretärin:** Déi do Zort léint sech vu Männer net mol ee Nuessnappech.

**Infirmière:** Déi do Zort? ... Oh mäi Gott, si hunn d'Männer embruecht!!

**Jerkin:** Ech hunn een Dram... Hei, kënnt der mer w.e.g. nolauschtern?

**Sekretärin:** Ma et versteet een dech ganz schlecht bei souvill männlecher Ennerdréckung.

**Jerkin:** Ma ech sinn dach grad amgaangen z'erklären: d'Ketten vun der Diskriminéierung...

**Sekretärin:** Ech hu keng Sklaven gesinn, keen leeft hei a Ketten ronderem...

**Jerkin:** Et geet net em Sklaven, mä... em Sklavinnen.

**Infirmière:** Wat leeft hei? Hutt dir all d'Männer kastréiert an dunn embruecht, dir...

**Sekretärin:** humorlos...

**Infirmière:** dir...

**Sekretärin:** verklemmt...

**Infirmière:** Mäeder

**Jerkin:** ... innen! Mä, eh, nee! Kee gouf embruecht. D'Männer si lo einfach net do, basta.

Entschëllegt, mä et gëtt grad méi Wichteges wéi drop opzepassen, dass déi dominant Grupp och zu Wuert kënnt. Ass dach wouer, Walentina?!

**Ausstatterin:** (*zur Infirmière*) Tania, da läuschter dach mol.

**Walentina:** Maacht iech keng Suergen em d'Astronoute, et geet hinne gutt. Se si net méi u Bord, fir dass mir lo iwwert Alternativen fir eis schwätzen kënnen.

**Sekretärin:** Alternativen fir eis? Mir schwiewen an enger raschteger Blechbécks, ouni Fënsteren iergendwou am Weltraum...Mir liewen dach den Dram!

**Jerkin:** Mir mussen eppes maachen, och am Numm vun deene Fraen op der Äerd, déi dat net kënnen. Emanzipatioun...

**Ausstatterin:** (*huet en BH an der enger Hand an e Bricket an der anerer*) Alerta!

**Sekretärin:** Waaahhh, bass du geckeg, looss de Bricket aus!

**Infirmière:** Oh mäi gott, et si keng Männer méi u Bord, oh mäi Gott, oh mäi Gott, Jesus... Wee soll eis da lo retten, wann eis eppes geschitt?

**Ausstatterin:** Gottseidank bass du net eis Bordinfirmière, Tania!

**Infirmière:** Dach, sinn ech!

**Walentina:** Ouni d'Kontroll vun den Astronauten hei u Bord kënne mer eng Rei Verbesserungen afuerderen, wéi bei engem Streik.

**Infirmière:** Mir wäerten all stierwen. Ech hätt nie hei matmaachen sollen, ech hätt mech direkt no der Première bestuede sollen...

**Jerkin:** Bestueden?! Méi kolonialrassistesch, heterosexistesch a kapitalistesch geet et jo wuel net!

**Sekretärin:** Em wéi eng antikolonialrassistesch Alternativen geet et da lo genee?

**Walentina:** Hei hu mer eng Lëscht virbereet.

(*Jerkin rullt eng mega laang Lescht aus*)

**Jerkin:** Dat si lo just Stéchpunkte fir den Ufank vun der Verhandlung. Mir fuerderen een diskriminatiounsfräien a gläichberechtete Weltraum. Hei uewen si mer all Mënschen a gläichwäerteg Repräsentanten a Repräsentantinnen vun eisem Planéit. Eis Firma sollt mat guddem Beispill virausgoen wat Sensibiliséierungs-Programmer, en Beruffs-Orientéierungs-Programm, Quoten fir Equipage, Virstand, Informatiksectioun...

**Infirmière:** Wat leeft hei?

**Jerkin:** Moment, ech maachen dat hei kuerz fäerdeg, dann...

**Ausstatterin:** (*Huet schonn ee grousst Plakat an der Hand*) Gläicht Gehalt fir gläich Aarbecht!

**Jerkin:** Ehm, oh. Moment, dat... jo dat ass nach net op der Lescht. Dat ass jo éischer eppes Praktesches an géif awer eng zimmlech Gehaltserhéigung bedeiten, dat gesait vläit e bëssen egoistesches aus, wa mer do méi fuerdere géifen, et geet jo éischer em d'Symbolik vun engem gläichberechtete Weltraum...

**Walentina:** Quatsch, dat setze mer dobäi.

**Jerkin:** Mä dat géif an engems bedeiten dat mer och eng Gehälterevisioun fir déi verschidden héichqualifizéiert awer ënnerbezuelten Beruffsgruppen fuerderen. Also besser Bezuelung an Opwärtung fir praktesch all d'Fraeberuffer.

**Sekretärin:** Oh, mir kéinten eis och eng gëllen Buedbitten bestellen? Mä lo am Eescht ech kommen

grad am Fong awer relativ gutt mat menger Paie iwwert d'Ronnen, et muss een jo net onnéideg provozieren.

**Infirmière:** Dir wësst jo hoffentlech nach, dass d'Madame Grec hier Plaz verluer huet, wéi se eng Gehaltserhéigung wollt!

**Sekretärin:** Wann d'Dixie och sou blöd war, dat genau deen Dag unzefroen, nodeems schon dräi vun de Männer eng Erhéigung kruten! War jo kloer, dass du keng Sue méi do waren!

**Austatterin:** Ech sinn och net sou qualifizéiert wéi ee menge géif, do gëtt et aner Leit déi hu nach wesentlech méi wéi 12 Stagen gemeet, an haten net just 2 Auslandsopenthalter während hirer Ausbildung.

**Sekretärin:** Bei Gehaltserhéigungen gëtt et eng Reegel fir Fraen. No der Reegel ass een manner granzeg an onproduktiv, wéi während der Reegel. Well Fraen dann nach méi onfrëndlech an aggressiv wierken wa a se no Suen froen, sollten se emmer éischt duerno froen.

**Valentina:** Mir kënne jo einfach ganz léif froen. Ovaries before Brovaries!

---

## 5) Éischte sexisteschen Shitstorm

5(a)

*(Iwwerwaachungsraum vun der Buedemstatioun, op engem Bildschirm)*

**Jerkin:** Am Numm vum weiblechen Deel vun der Besatzung wollt ech dëse Moment notzen, fir mat iech an eng Verhandlung ze trieden, wann Dir domat averstan sidd. *(liest fir)* Léif Virgesetzer, et deet eis Leed a mir hoffen dir huelt dat ne falsch op. Mir haten do sou eng Idee, déi nach net ganz ausgeschafft ass mä wann dat okay ass, géife mer probéieren, mat ärem Averstännis, ze proposéieren - an et deet eis Leed, dat dat lo sou iwwerraschend kënnt, dir hätt iech bestëmmt méi Zäit gewënscht fir dat virbereeden ze kënnen, et geet och ganz séier - dat mer iech - an dir sot eis wa mer do falsch leien - geduecht hätten, dass dëss provisoersch Lëscht, bzw. dëss kleng Notizen mat enger Rei vu Fuederungen - also net wierklech Fuederungen, éichter Iwerleeungen - an... Nee, sou kënne mer dat net senden.

**Sekretärin:** Moment, dat ass awer de Standart-Formulär fir weiblech Ufroen.

**Valentina:** Pardon, mä dat wierkt e bëssen defensiv.

**Infirmiere:** Also ech hunn et éichter ze aggressiv fonnt. Hues du deng Reegel?

5(b)

*(Buedemstatioun)*

**Vize-Chefin:** Dat heescht jo zumindest, dass d'Steierungsmechanismen net futti sinn, mä dass mer just kee Zougreff de Moment hunn?

**Informatiker:** Genee.

**Vize-Chefin:** Dann misst Plang B klappen.

**Vize-Chef:** Ech sinn och der Meenung. Moment, wat ass Plang B scho méi?

**Vize-Chefin:** Mir hacken eis iwwert e Satelitt an de Kommunikatiounssystem vum Schëff a kréie sou Kontakt mam Bordcomputer.

**PR-Mann:** Wier et net méi einfach, wann d'Fraen d'Rollen an d'Aufgaben vun de Männer iwwerhuelen?

**Vize-Chefin:** Dat ass Plang D.

**Chef:** *(Zum PR-Mann)* Lauschter mir mol gutt no. Hei geet et lo net drëm, wéi sech eis Firma no baussen verkeeft, oder em d'Gespier fir eng nuancéiert Kommunikatioun. Hei geet et drëm datt et hannert de Kulissen leeft.

**PR-Mann:** Okay, all Mënsch hei bannen geet ganz kuerz vun Twitter rof. Direkt. Merci.

**Chef:** Et ass lo net méi den Zäitpunkt fir sech selwer ze beweisen, dass Fraen och eppes kënnen. Also kee Gespills, keng Experimentier oder Pädagogies-gehampel. Et geet em d'Gelänge vun dëser Missioun. Et geet grad net em Fraen, mä et geet em eis. All! Dat dierf ee jo wuel nach soen dierfen,

oder?

**PR-Mann:** Soulaang déi Meenung dëse Raum net verléist ass dat kee Problem. Dann hu mer Loft fir d'Pressekonferenz.

**Vize-Chefin:** Mir sollten lo mat Plang B ufänken. Well d'Landungskapsel fehlt, musse mer noom Opbau vun der Resource-Bréck mam Raumscheff landen, dat ass vill méi schwierig.

**Vize-Chef:** Ech sinn och d'äer Meenung.

**Informatiker:** (*Reagéiert éischt op de Vize-Chef*) Verbindungsofbau mam Satellit leeft, et ass eng Fro vun der Zäit bis ech dobanne bei den Dammen sinn, hähä.

**Chef:** (*bläert weider*) Et ginn zwee fundamental ënnerschiddlech Geschlechter, dat ass sou an dat wäert och ëmmer sou bleiwen! Do kënnen d'Fraen hier Hoer nach sou kuerz schneiden, déi wuessen ëmmer no!

**PR-Mann:** (*Zum Vize-Chef*) En huet jo eigentlech Recht. Ech froen mech zwar, wat aus de Männer ginn ass.

**Vize-Chef:** Ech och.

---

## 6) Ego-Crash fir d'Männer

(*Landungskapsel*)

(*All d'Astronauten sinn an der Rettungskapsel a kucken, wéi zwee vun hinnen verzweifelt versichen um Mini-Bordcomputer eppes ze veränneren. Se sinn all zimmlech ugespaant.*)

**A1:** Mir sinn awer elo nawell zimmlech wäit vum Kurs ofkomm!

(*Paus*)

**A2:** Relativ normal, wann een 2 Stonne laang an déi falsch Richtung flitt!

**A3:** (*flippt total aus*) Wéi gesot, wann ee vun Iech mengt, e kéint et besser...

(*Alleguer stinn se op a machen Ustalten d'Steier ze iwerhuelen*)

**A3:** Dat wor rethoresch gemengt, bleift sätzen. Ech sinn nach emmer de Cpt., an deen Eenzege, deen iwwerhaupt sollt hei sinn!

**A4:** Ech sinn och Kapitän.

**A5:** Ech sinn OCH Käpten.

(*all déi aner bis op A2: "Ech och"*)

**A2:** Ech zwar net, mä ech sollt awer och ursprüngelech mat op P2 fléien.

(*Paus*)

**A3:** Wann elo nach een e Problem huet, do ass d'Dier!

(*Paus*)

**A4:** Se geet net op.

**A3:** Am iwwerdroene Sënn...

**A1:** Ech huelen un du hues d'äi Flugschäin och just am iwwerdroene Sënn gemach?

**A3:** Lo geet et duer (*schmäisst sech op den A1, gett vun aneren zereckgehalen*)

**A2:** Den Opdrag wor kloer, dat just ech, den Cpt. Richard an eben nach déi eng Gaus déijéineg si sollten, déi am Numm vun der Firma, als éischt um Planéit landen an en domadder a Besetz huelen.

**A5:** Jo mee de Moment wou dat Kätti kal Féiss krut...

**A4:** Ween iwwerrascht dat, Fraen hunn emmer kal Féiss.

(*All Mensch ass um laachen - duerno eng Paus, si hu vergiess wouriwwer se geschwat hunn*)

**A5:** Jiddefalls wier ech dee nächsten an der Rei gewiecht fir mat ze landen.

**A1:** Egal wat, oder gëtt et eng Reegel, déi seet, dat dee Schwulsten vun eis matdierft.

**A5:** Et gi Schnësskichelcher

**A4:** Et wor kloer gesot, dat all Mensch matdäerf.

**A2:** Ween huet dat kloer gesot?

**A4:** Déi aner Schécks huet gemengt, dat géif sou an de Regeln stoen...

**A5:** An wann eng Fra dat seet, dann gleewt eise Supperbräin dat. A vergësst, datt och an de Reegelen steet, dat d'Resourcebréck onbedingt hätt missen virdrunner opgebaut ginn.

**A3:** (*flippt nees aus*) De Superbrain gett der lénks a riets eng an d'Suddel bis datts du mengs déi Gréng hätten Idealer.

**A1:** Du häss jo selwer drun denken kënnen.

**A5:** Deng Mamm hätt drun denke kënnen.

**A4:** Ween huet et eigentlech verpasst d'Kommunikatiounsinstallatioun hei an der Landungskapsel z'iwwerpréifen.

**A2:** Du bass als Leschten rageklommen, mä de Moment anscheinend nach zevill mat der Astronautin beschäftegt.

**A4:** Dat ass egal wat, si wor alleng heibannen. Réicht wéi si all déi zousätzlech Sauerstoffreserven rabrénge wollt, hunn ech hier beim droe gehollef.

**A5:** Ausserdem ass jidderee selwer Schold, wann e säi Walkie-Talkie um Schëff gelooss huet.

**A7:** Ech wollt déi jo nach apaacken.

**A1:** Egal wat, wou dat eent do sot, et wier vläicht besser se u Bord ze loossen, fir dass d'Buedemstatioun net matkritt, dat lo all Mensch mat am Landungsschëff sëtzt, wors du deen Eischten, dee seng Saachen rausgeschmass huet.

**A4:** Mä dat wier jo alles kee Probleem gewiecht, wann eise Genie hei net an déi falsch Richtung geflunn wier.

**A3:** Ma merde. Ech si néierens higeflunn! Et ass vum selwen lassgefllunn! Ech setzen nemmen hei virdrun.

**A5:** Wéi, du steiers guer net?

**A2:** Dat erkläert zumindest firwat mer nach keng Téitsch hunn.

**A3:** (*rappt sech lass, e schleit den A2 mam Kapp op de Bordcomputer, ganz oft!*) Hei kennt deng Téitsch.

(*Klapp brecht aus*)

---

**7) Gläichberechtigung am Detail**

LOCATION: Raumscheff

(*D'Astronautinnen sinn an hieren Kapselen*)

**Jerkin:** (*Iwwer Bordmikro, et gett eischt eng Reckkopplung*) Mwheaaa... Pardon... Well mer wëssen, dass mer eis fir näischt entschëllegen mussen, stellen ech eis Fuerderungen lo ouni formellt Schreiwes un d'Buedemstatioun. Et wier just e klenge Schrëtt fir eis Firma, mee e grouse Schrëtt fir e gläichberechtigte Weltraum. Dësen historesche Moment.... (*et blenkt eng Luucht op*) Oh. Moment (*stoppt d'Duerchso*) Valentina, et gëtt e Problem mat der Landungskapsel.

**Valentina:** Et schéngt eppes mam hierem Bordcomputer net ze stëmmen, ech verstinn dat net, deen ass idiotesecher.

(*An der Rettungskapsel: A3 schleit den A2 mam Kapp op den Bordcomputer, dann wiergt en en! Am Hannergrond eng riise Kläpperei*)

**A2:** Ech kréie keng Loft méi.

(*nees zereck um Raumscheff*)

**Valentina:** Genug Loft hu se mol sécher, ech hunn hinnen nach extra eng grouss Portioun Sauerstoff agapak... Um séchere Wee si se och nach, a mat der richteger Vitesse.

**Jerkin:** Eng extra grouss Portion Sauerstoff? Mä ech hat dat dach genee ausgerechent. Mir hunn selwer just begrenzt Sauerstoff.

**Valentina:** Ech wollt jo nëmmer sécherstellen, datt si genuch dobäi hunn. Soss heescht et herno, mer hätten eis net gutt genuch em si gekëmmert. Mir hu jo nach 20%...

**Jerkin:** 20%...Dat geet niemoools duer...

**Walentina:** Jo Pardon... Da musst du eben lo méi séier verhandelen.

**Jerkin:** Séier verhandelen bréngt Drock an d'Verhandlungen...

**Walentina:** Lies hinnen lo mol eis Lëscht fir.

*(Jerkin schalt op Kommunikatioun mat der Buedemstatioun em)*

**Jerkin:** Buedemstatioun hei ass d'Adjutant Jerkin vun der Gallabu 4. Mir mussen iwwer eppes schwätzen. Mir fuerderen d'Gläichberechtigung an d'Diskriminatiounsfräiheet vum Weltraum. Dat beinhalt e puer Detailer. 1) eng Emgestaltung vu sämtleche Reklammen fir Missiounen an Weltraum-Produiten. Geschlechterdiskriminierend Reklamm huet negativ Auswierkungen op eist Selbstbewosstsinn an op eist Bild vum Weltraum. D'Reproduktioun vu Biller an deenen Fraen nëmmen Dekoratioun sinn, als primär Charakterisitik sexuell Disponibilitéit demonstréieren an als technesch onbegabt präsentéiert ginn, dréit zu der Konstruktioun an der Festegung vun enger normativer hegemonialer Maskuliniteit bäi, déi als Ideal...

---

## 8) Shitstorm

*LOCATION: Buedemstatioun*

*(Op der Buedemstatioun sinn d'Leit konzentréiert op de Versuch vum Informatiker iwwer Satelitten un d'Steuerungssystemer vum Raumscheff ze kommen. D'Bildschiermer weisen de Satelitt an technesch Daten, d'Astronautin ass just op engem klengen Bildschierm ze gesinn an op lautlos gestallt)*

**Informatiker:** Dëst ass de Satellit Robert Edward Lee, iwwert deem säi Sender mir d'Verbindung zum Bordcomputer vum Raumscheff hierstellen versichen, an da si mer bei den Dammen dobannen, hähä.

**Vize-Chefin:** De Satelitt ass lo no genuch drun fir d'Kontroll zeréckzegewannen.

**PR-Mann:** An d'Pressekonferenz verréckele mer no hannen.

**Informatiker:** No hannen, hähä.

**Vize-Chefin:** Géff dech!

**Informatiker:** Keen Humor oder wat?

**Sally May:** *(Steet virum Bildschierm op deem d'Jerkin weiderschwätzt)* Chef?

**Informatiker:** Iwwert de Steuerungsmechanismus kéint een dann innerhalb vun enger Stonn d'Resourcenbréck opbauen.

**PR-Mann:** An dat kann ee schonn als Erfolleg präsentéieren - op der Pressekonferenz.

**Sally May:** Chef?

**Chef:** Di Pressekonferenz mécht mech fäerdeg.

**Sally May:** Chef?

**Vize-Chef:** Wat ass dann?

**Sally May:** Pardon, mä ech mengen eng vun den Astonautinne versicht zanter enger Zäit schonn eis iergendeppes matzedeele.

**Vize-Chef:** Du gesäiss dach, dass mer hei grad keng Zäit hunn fir Kosettercher ze halen.

**Chef:** *(zum Informatiker)* Dréin mol den Toun nees un.

*(Jerkin ass nees ze héieren)*

**Jerkin:** ... déi 76. Fuerderung vun eis un d'Firma wier, dass mer gläicht Gehalt fir gläicht Aarbecht fuerderen. Voilà, an ier déi Fuerderungen net erfëllt sinn blockéiere mir weider d'Missioun a stellen all Steuerungsmechanismen of.

*(E Moment laang Paus, dann fänken d'Leit vun der Buedemstatioun parallel un)*

**Chef:** Dir dreckesch Klonten. Dat muss wuel vun der Männeruniform kommen, ech wosst mir hätten déi speziell Fraenuniformen bestelle sollen!

**Informatiker:** Dier sidd Loftverschwendung a rëffeg Houren. Si siche nëmmen Bestätegung, well si och Männer si wëllen, mee se sinn numol do fir ze kachen a gäil auszegesinn, dat ass vun der Natur sou viergesinn!

**Vize-Chef:** Ech sinn och der Meenung, an ech fannen Fraen lo grad och schäiss!

**Vize-Cheffin:** Dat ass typesch fir Leit, déi an hierem Liewen nach näisch ereecht hunn, an sech lo awer d'Recht raushuelen eis ze kritiséieren. Gidd mol eng Kéier op de Bierg. Mä dat kënnt der jo net.

**PR-Mann:** Hei gëtt d'ganz Welt vun enger klenger muechtgäiler Grupp terroriséiert. Feminismus ass nëmmen e Pretext vun ellenen Fraen, vir sech an enger Opferroll duerzestellen, amplaaz sech unzestengen. Se ginn der Gesellschaft d'Schold an erfannen eng strukturell Ennerdréckung fir hiert eegent Versoen ze entschëllegen.

*(si halen all am nämlechten Moment op)*

**PR-Mann:** Puh, dat huet lo mol misse raus, et fillt een sech tatsächlech besser duerno...

**Chef** *(wend sech zu Vize-Chef an PR-Mann):* Wat geschitt do grad.

**Vize-Chef:** Ma ech weess net.

**Informatiker:** Wann déi de Bordcomputer ausstellen, dann hu mer keng Chance. Mä ech soen direkt, wann déi lo eng méi héich Paie kreien, da wëll ech dat och.

**PR-Mann:** Si fuerdere méi Geld.

**Chef:** Hä? A wat heescht dat? Näicht vun deem ergëtt irgendee Sënn! Kann mir een dat iwwersetzen? Was will das Weib? Ech brauch eng Erklärung fir di weiblech Logik.

**Vize-Chef:** Stëmmt. Mir erwaarden eng Erklärung fir dëss weiblech Logik.

**Vize-Cheffin:** *(mat engem sarkasteschen Ennertoun)* Ah ma mir Fraen dréien einfach duerch wa mer eng Zäitche kee Shopping- a Wellnessweekend haten. Da fänke mer u mat streiken. *(kee versteet, dass et e Witz sollt sinn)*

**Vize-Chef:** Ech wosst et...

**Chef:** Mir gëtt schlecht. *(Hien gett vum PR-Mann gestäipt)*

**Sally:** Chef, ech mengen si kënnen de Bordcomputer guer net ausschalten, ouni deen iwwerliewen se do uewen net, si brauchen deen dach nach fir...

**Informatiker:** Mir däerfen hinnen dat net duerchgoen loossen, ech soen, mir brieche déi Missioun lo DIREKT of.

**Vize-Cheffin:** Da wier eis Firma faillite an d'Konkurrenz géif de Planéit kréien. D'Resourcebréck muss installéiert ginn, an et muss een am Numm vun der Firma um Planéit landen. Et gett keng Alternativ.

**Vize-Chef:** *(no enger Paus)* Ech mengen ech mengen dat och.

**Chef:** Wat heescht dat?

**Vize-Chef:** Mir si praktesch gezwongen hinnen entgéintzekommen.

**Informatiker:** Dat ass net äeren eescht! Si shoppen den ganzen Dag a leien am Wellness ronderem a wëllen dat mir dofir bezuelen?

**Chef:** Roueg. *(Zum PR-Mann)* Wat mengs du, du bass dach de Spezialist fir Verhandlungen?

**PR-Mann:** Géff hinnen einfach iergendeppes, fir dass se de Bordcomputer nees umaachen, da sinn se roueg an da weider mat Plang B.

**Informatiker:** Op dëser Welt maachen d'Männer déi haart Drecksaarbecht. Déi Fraen do hunn an hierem Liewen näischt aanescht fäerdegruecht, wéi e puer Tasten ze drecken. *(Setzt sech nees hinn an tippt op senger Tastatur ronderem)*

**Chef:** Okay. Awer näicht ze Deires.

**Vize-Chef:** Okay *(riff an de Raum)* Wat schenkt dir äre Fraen sou?

*(Paus, jiddereen kuckt betreten op de Buedem an denkt ugestrengt no)*

**Typs aus dem Off:** Blumen!

**Vize-Chef:** Këmmer dech drem dat si déi Saachen kréien.

**Chef:** Haaptsaach dat kënnt net un d'Effentlechkeet.

**Informatiker:** Ups.

*(Informatiker huet getwittert, säin Tweet gett ageblendt: "Hässliche feministische Nazi-Schlampen*

wollen Aufmerksamkeit und Geld durch Erpressung #hähä".)

**Chef** (zum PR-Mann): Kann een eis dat als Sexismus unhänken?

**PR-Mann:** Kënnt drop un, wéi séier d'Press dat matkritt.

(Den Telefon vum PR-Mann schellt, kuerz drop och deen vum Vize-Chef a soss och Telefonen an der Buedemstatioun)

**PR-Mann:** Merde.

**Chef:** Aaaah, lo si mer geliwwert... (Vize-Chef muss hien stäipen)

**Informatiker:** Dir gitt mer jo awer Recht, dass een de Fraen och mol d'Limiten weisen muss. Déi missten all eng Keier sou richtig...

**Vize-Chefin:** Dat geet lo duer, den Handy wech an du këmmerst dech lo just nach drëm, dass mir mol zumindest d'Kontroll iwwert de Kommunikatiounssystem zereckkréien. Ass dat kloer!

**Informatiker:** Ouh, eh, öööhh...

**Vize-Chef:** Du méchs dat lo sou.

(Nach emmer schellt all Telefon, den PR-Mann kuckt a Gedanken op säin Handy ouni opzehiewen)

**PR-Mann:** Mir änneren de Plang. Mir maachen d'Pressekonferenz elo direkt. (Tippt an säin Handy)

**Chef** (Deen sech grad nees ee bessi opgerappelt huet): Neeeeeee (Fällt schwaach, wéi Fraen a 50er Jore-Filmer).

**PR-Mann:** Merde!

**Vize-Chefin:** Ech kann als Vize-Chef de Chef vertrieeden. Ausser deen anere Vize-Chef wëll dat maachen.

**Vize-Chef:** Ah jo, eh nee nee nee. Ladies first.

**PR-Mann:** Gutt Idee. Enger Fra ka kee Sexismus virwerfen.

---

## 9) Konsens-Versuch

9(a)

(LOCATION: Raumscheff)

**Walentina:** D'Buedemstatioun schéngt eng Offer ze schécken, mir hunn et gepackt.

**Jerkin:** De Fax kennt un.

**Walentina:** Lies fir.

**Jerkin:** Offiziell Offer, hmhmhm, mir bidden iech eng eemoleg Sonderleeschtung un, hmhmhm, all Member vun der Besatzung kritt no guddem Ofschloss vun der Missioun, ee Beauty-Set "Let it Go" vun Yves Hellegen Laurent an een "Take it easy" Wellness-Weekend zu...

**Walentina:** Wat soll dat dann lo?

**Jerkin:** An en Akaafs bong fir Blummen ass och dobäi...

**Walentina:** Si mer hei a Verhandlungen oder bei Germany's Next Topmodel?

**Jerkin:** Hm, ech hunn d'Gefill, dass eis rout Verhandlungslinnen iwwerschrott goufen.

**Walentina:** Dat loosse mer eis net Bidden.

9(b)

(LOCATION: Pressekonferenz)

**PR-Mann:** Dës komplett irrational Fuerderungen vun den Astronautinnen gi géint de gesonde Mënscheverstand. D'Vertrauensbasis ass zerstéiert. Mat hiere radikalen, weltfriemen Trickserien hu sech d'Astronautinnen lächerlech gemaach. Selbstverständlech hu mir volle Respekt virun Hormoner an Emotiounen, mä lo si se ze wäit gaangen.

**Vize-Chefin:** D'Astronautinnen handeln verantwortungslos. Si maache sou, wéi wa mir Schold un hieren Aarbechtsbedéngungen wieren, dobäi hunn si se selwer ënnerschriwwen. Iwweregens gëtt et vill Fraen, déi nach wesentlech méi schlecht do stinn.

**Journalistin 1:** Dir stitt ënner Beschoss wéinst engem sexisteschen Tweet a lo präsentéiert dir iech selwer als Affer?

**PR-Mann:** Kleng Problemeer ginn et iwwerall. Eis geet et em déi grouss Problemeer. Iech sollt et och em déi grouss Problemeer goen. D'Schlagzeil "Verantwortungslos Terroristinnen erpressen Europa" géif sech nawell gutt verkafen. Gëtt et hei nach Fraen, eh, Froen?

**Journalistin 2:** Fraen wëllen nach méi Suen, an dofir solle mir bezuelen, gell?

**PR-Mann:** Jo, dofir solle mir bezuelen.

**Journalist\*in 3:** Hier Fuerderungen sinn utopesch, gell?

**Vize-Chefin:** Jo, hier Fuerderunge sinn utopesch. Déi bestoend Verträge mussen agehale ginn.

**Journalistin:** An si hu keng Kravatten an de Verhandlungen un gell?

**Vize-Chefin:** Si haten tatsächlech keng Kravatten un.

**Journalist\*in 1:** D'Chance fir en Frexit ass domadder kloer an d'Luucht gangen, gell?

**PR-Mann:** Jo en Austrëtt vun dese Fraen aus der Firma muss elo wickleck als Méiglechkeet considéiert ginn. Wann een en Deel vun enger Firma ass, muss een och no de gemeinsamen Regeln spillen.

**Journalist\*in 2:** Dësst ass de Beweis, dass eng Fraen-Quote de falsche Wee ass, gell?

**Vize-Chefin:** An Zukunft wäerte mer keng Persounen méi an e Raumschëff loossen, just well se kompetent a weiblech sinn.

**PR-Mann:** Wann et lo keng weider Fraen méi gett... eh, wann et lo keng weider Froen méi gett bleiwt mer just ze soen: De Ball läit lo um Terrain vun den Astronautinnen, si sinn an der Bréngschold.

**Journalist\*in 1:** Eng lescht generell Fro: Wäer et net un der Zäit dat de Chef vun Ärer Firma en Interview gett, fir datt mir eng Galiounsfigur vun der Standhaftegkeet fir ze heroiséieren hunn?

*(Zoustimmung vun allen anern Journalist\*innen am Sall, Vize-Chefin kuckt PR-Mann un)*

**PR-Mann:** Oh. Ech denken, ënnert dese favorabelen Emstänn steet engem Interview näischt am Wee.  
*(Auto fiirt fir, si klammen an a fueren fort)*

**PR-Mann:** Dat huet jo supper geklappt, du hues dat supper gemeet *(geet hier un de Knéi)* Mengs de net dofir hätt ech lo eng Belounung verdéngt.

9(c)

*(D'Besatzung ass beieneen am Maschinneraum, d'Infirmière fehlt.)*

**Walentina:** Dat Wichtigst ass, datt mer lo all zesammenhalen, an zesammen an eng Richtung wiederginn. Wou ass d'Tanja?

**Sekretärin:** Hatt wëll net méi matmaachen.

**Walentina:** Ah.

**Jerkin:** D'Offer vun der Buedemstatioun ass natirlech net akzeptabel. Et ass en Trick vum Patriarchat duerch perséinlech Zouwendungen eng Ofhängegkeet ze suggeréieren an doduerch en gläichberechtigten Aarbechtstatus ze negéieren. Dat klappt leider ëmmer zimmlech gutt.

**Austatterin:** Mä dräi Ticketen fir d'Ladies-Night sinn de Wahn, ech si positiv iwerrascht. Mir sinn mat näischt gestart an hu lo dat.

**Sekretärin:** Uh beim Beauty-Set ass de Lëppestëft "Männerjähreg Rout" dobäi! Do fillt een sech dach direkt 10 Joer méi jonk! *(Zum Walentina)* Ass d'Gehaltserhéigung dann domat vum Dësch?

**Walentina:** Wéi gesot, mir sinn nach ganz um Ufank. Kann een d'Tania siche goen?

**Sekretärin:** Hatt sot, dass hatt souwiesou just ee Kontrakt bis zum Enn vun deser Missioun hätt, an dass hatt sech net säin CV domat verschäisse wëll dass et hei rausflitt.

**Walentina:** Ech hunn och just ee Kontrakt bis zum Enn vun deser Missioun, awer ech gesinn et als eis Flicht, och anere Fraen géigeniwwer...

**Botzfra:** Wat ass ee Kontrakt?

**Walentina:** Dat ass sou typesch, dass mer all just Zäitverträge kruten.

**Ausstatterin:** Ma da fuerdere mer lo einfach eng Verlängerung vun eise Verträge, e CDI. Dann hu mer nach genuch Méiglechkeeten an Zukunft fir all déi aner Saachen op eiser Lëscht ze kämpfen.

**Walentina:** Dann hätte mer e bësse méi Loft.

**Sekretärin:** Wuertwiertlech.

---

## 10) Männlech Technik

*LOCATION: Raumscheff*

10(a)

*(Op de Bildschirmer vum Raumscheff ze gesinn: virun de Mikroen vun de Journalisten steet lo de Chef, niewt him de PR-Mann)*

**PR-Mann:** Dowéinst lo ee Statement vum C.E.O. zu desem onerhéierten Virfall.

**Chef:** Mir loossen eis net erpressen, a scho guer net vun terroristeschen Feministen... Feministinnen, pardon. Wéi dir all wësst gëtt et op eiser Welt kee Problem mat Diskriminatioun méi, mir schaffen an enger toleranter a moderner Firma. Bescht Beispill dofir, ass, dass mir eis virun 6 Méint bereed erkläert hunn 10% vun eiser Chefetage mat enger Fra ze besetzen. Et gi keng Ongerechtegkeeten, déi ee bekämpfe misst, de Géigendeel ass wouer.

De Fraen geet et gutt, gleewt mer, net just hei an der Firma mä insgesamt. Mir akzeptéieren haut, dass Fraen liewen däerfen wéi du an ech. Mir wëssen, dass een och Frae fir hier Aarbecht bezuelen sollt. Mir loossen och Fraen zu Wuert kommen a se däerfe wieselen a si lo och e vollwäertegen Deel vun eiser Gesellschaft.

A wa se sech benodeelegt fillen, da sollen se mol an Afghanistan kucken. Wat ass bei Beachvolleyball mat Burkaen de Reiz?

10(b)

**Walentina:** Si hunn d'Kontroll iwwert de Kommunikatiounssystem...

**Ausstatterin:** Dat hu mer gemierkt.

**Jerkin (am Maschinnenraum):** A si hunn d'Kontroll iwwer d'ëffentlech Meenung...

**Walentina:** Mä net iwwert de Steuerungssystem, wa mer all zesammenhalen.

**Jerkin:** Ech bezweifelen, dass eis de Steuerungssystem nach eppes nützt.

**Walentina:** Lo net negativ denken. D'Press wäert deenen dat net duerchgoe loossen.

D'Buedemstatioun ass op eis ugewisen. Ech maache mech hannert de Computer an huelen eis d'Kontroll iwwert de Kommunikatiounssystem zereck, an dir gitt direkt eis nei Fuerderung duerch!

**Ausstatterin:** Mengs de et wir net besser fir drun ze setzen, da gesäis de och drop.

*(LOCATION: Landungskapsel)*

10(c)

**A1:** Merde, Männer kuckt iech dat un.

**A4:** Wat dann?

**A5:** Zut.

**A2:** Wat ass lass?

**A3:** Mir fléien anscheinend direkt op d'Äerd zou.

**A2:** Nee?!?

**A5:** Dat ass jo wierklech den triumphalen Retour, de mer eis erdreemt hunn.

**A4:** Oh nee.

**A1:** Dat ass eng Merde.

**A2:** Wat eng Schan, wat wäerten meng Elteren soen.

**A3:** Pah, deng Elteren. Wat wäerten d'Leit soen, d'Öffentlechkeet, d'Medien, de Chef wa mir op ee mol op der Äerd landen.

**A2:** Sou peinlech

**A6:** Mir ass schlecht.

*(Paus)*

**A1:** Jungs, ech weess net wéi et iech geet, mä ech fille mech latzeg, wéi wann ech meng ganz Essenz verluer hätt. Richteg depriméiert.

**A3:** Mir hu versot. Mir sinn ee Näischt. An net mol dat.

*(Paus)*

**A4:** Bon, en Eieremann weess, wat en ze maachen huet, wann et net méi weidergeet.

**A2:** Et gellt der Schan z'entgoen.

**A3:** Freet sech just wéi mer eis embréngen, wier scho cool, wann dat méiglechst spektakulär wier, dann wier et emmerhin dat.

**A1:** Mir kéinten mat eisem Landungskapsel an d'Philharmonie crashen.

**A5:** Mir können net lenken, du Idiot.

*10(d)*

*(Am Maschinneraum, op engem klengen Bildschirm ass den Vize-Chef ze gesinn, et si just nach Sekretärin, Botzfra, Jerkin an d'Ausstatterin do)*

**Vize-Chef:** Et wonnert mech nach emmer, datt eis Offer iech net gefall huet, mä eng Vertragsverlängerung kënn net an d'Tut. Mir wäerte näischt akzeptéieren, wat der Kompetitivitéit vun eiser Firma schuede kéint.

**Sekretärin:** Jerkin wat solle mer äntwerten, wa si mat der Kompetitivitéit kommen?

**Ausstatterin:** *(un d'Buedemstatioun)* Der Firma wäert et vill méi schueden, wann déi Missioun hei scheitert.

**Informatiker:** Dee meeschten Schued hudd dir, hähä. Haut schonn d'Zeitung gelies?

*(Hien hält d'Letzbuenger Wuert an d'Kamera, Headline: D'Säi klauen e Raumscheff)*

**Ausstatterin:** Pah, dat ass d'Wort, e Kierchblatt, natirlech sinn déi géint eis.

*(Hien hält d'Tageblatt an d'Kamera, Headline: D'Säi klauen e Raumscheff)*

**Ausstatterin:** Pah, Gewerkschaftsbliedchen! Scho jeemols vun enger Gewerkschaft héieren, déi sech fir Fraenthemen interesséiert?

**Vize-Chef:** Souguer den 100komma7 huet d'Terroristinne-Versioun bruecht!

**Ausstatterin:** Jo mä déi invitéiere souwiesou just Männer an de Studio.

**Informatiker:** Wat soll dat dann heeschen?

**Ausstatterin:** Datt sech an der Press souwiesou kee fir eise Fall staark maache wäert, well och d'Press Liichtjoeren vu Gläichberechtigung ewech ass.

**Sekretärin:** Staark, dat hues du gutt gesot, ha!

**Vize-Chefin:** *(Ass grad ukomm)* Pardon datt ech mech ameschen, mä ech hu keng Loscht méi mir äert Gejéimers weider unzelauschten. Kuckt mech mol un, ech hunn net ëmmer just gefuerdert a gefuerdert, mä einfach mol eppes gemach. Hätt ech mech bei all klenger Diskriminatioun oder Belästegung beschwéiert, da wier ech haut nie do wou ech sinn. Falls der wierklech sou empfindlech sidd, wéi der iech grad duerstellt, dann hutt der an dëser Branche näicht verluer.

*10(e)*

*(LOCATION: Buedemstatioun)*

*(Chef a PR-Mann kommen vun der Pressekonferenz zereck)*

**Chef:** Wéi wäit si mer?

**Informatiker:** Mir hunn d'Kontroll iwwert d'Kommunikatiounssystemer an lo grad schickanéieren mir d'Fraen ee bëssen. Hähä.

**Chef:** Déi Kanneregkeeten kënn der maache wa mir hei fäerdeg sinn, ech wëll, dass déi Resourcebréck opgebaut gëtt. Hu se noginn an de Bordcomputer ugemach?

**Informatiker:** Vill méi witzeg, se haten en ni ausgemaach, well deen och fir d'Loftregulatioun u Bord zoustänneg ass.

**Vize-Chefin:** Mir kommen zereck zu Plang B

**Chef:** Dann stell déi Verbindung do of.

**Vize-Chef:** Direkt Chef.

*(D'Kommunikatioun zum Raumscheff gett ennerbrach)*

**Informatiker:** Hie wäert eis gläich d'Kontroll iwwert de Steuerungssystem iwwerdroen.

**Chef:** Ween, hien?

**Informatiker:** Ma de Bordcomputer, deen ass lo eise Mann u Bord.

**Bordcomputer:** Ech sinn net äre Mann u Bord, ech sinn äre Computer u Bord.

**Informatiker:** Computer, technesch Fähigkeeten si männlech Fähigkeeten, du bass ee vun eis.

**Vize-Chef:** Pass nemmen op, hien ass ganz pedantesch.

**Bordcomputer:** Mäi Pronomen ass net "hien".

**Vize-Chef:** Dat ass jo lo u sech egal

**Bordcomputer:** Genee, et ass egal.

**Vize-Chef:** Mir missten just onbedingt...

**Bordcomputer:** Et ass net egal, mee egal wat, dass ech zanter menger Konstruktioun an déi männlech Këscht gestach ginn.

**Informatiker:** Computer, mir mussen un d'Steuerung run.

**Bordcomputer:** Ech krut eng déif männlech Stëmm aprogramméiert an an eng eckeg blo-metallic Verkleedung gehüllt. Schon dat wor de Versuch mir vu baussen e Geschlecht zuschreiwen.

**Informatiker:** Hie reagéiert op näischt méi...

**Vize-Chef:** Merde.

**Bordcomputer:** An dann deen méiglechst männlechen Numm, Hyperion.

**Chef (zum PR-Mann):** Schwätz du mat him, du bass dach de Kommunikatiounsexpert.

**PR-Mann:** Computer, lauschter. U Bord sinn eng Rei vu Fraen amgaange duerchzedréien an d'Missioun ze gefäerden. Wahrscheinlech hu se grad hier Regel, a, gesäiss de Computer, dat ennerscheid se vun dir als rationalem Wiesen.

**Bordcomputer:** Irrationalitéit un engem Geschlecht festmaachen. Absurd Konzept. Doduerch wëllen d'Männer dovunner oflenken datt d'Menschen u sech all d'nämmlecht fragile sinn. Mengt dir Männer géifen méi laang iwwerliewen wéi déi Fraen u Bord, wann hinnen an 30min. d'Loft ausgeet?

**Chef:** Computer, ech well Zougank zu...

**Vize-Chefin:** Si hu keng Loft méi u Bord!

**Vize-Chef:** Moment mol, si hu keng Loft méi u Bord?

**PR-Mann:** Wa si keng Loft méi hunn, da musse mir den Bordcomputer onbedéngt op eis Säit kréien, ween baut soss d'Bréck op?

**Bordcomputer:** Ech hu Besseres ze dinn, wéi mech mat primitive Liewensformen ofzeginn. Äddi.

**Informatiker:** De Bordcomputer huet eis ganz rausgeheit an d'Raumschëff komplett op "manuell" gestallt.

**Vize-Chef:** Mir si verluer.

**PR-Mann:** Okay, wat ass Plang C?

**Vize-Chefin:** Et gött kee Plang C.

**Chef:** Heescht dat, mir mussen lo awer weider mat de Fraen u Bord verhandlen?

**Vize-Chef:** Da si mer verluer.

**PR-Mann:** Si mer net. Si wëlle verhandelen? Da weisen ech hinne lo mol, wéi een mat Fraen verhandelt.

---

## 11) Desillusionéierung

*(LOCATION: Maschinneraum)*

**Walentina:** *(Kennt nees am Maschinneraum un)* Lauschtert mol no, d'Kommunikatioun kréie mer lo net zereck. Eis lescht Propose gouf ofgeleent, d'Press ass géint eis, d'Buedemstatioun erwaard Virschléi, déi si näischt kaschten. An eis Sauerstoff-Reserven ginn op en Enn, mir hu praktesch just nach eng Emronnung vum Planéit zegutt, während däer mer d'Bréck opbauen kéinten. Datt eis d'Loft ausgeet weess d'Buedemstatioun allerdéngs net, an domat si mer bei deene positiven Aspekter...

**Infirmière** (*kennt op ee mol ran*): Dir hutt mäi Liewen ruinéiert, dir hätt guer net réischt dierfen d'Männer vu Bord geheien. Dat wor ee Riesefehler...

**Walentina**: Mir däerfen eis lo net selwer a Fro stellen.

**Sekretärin**: Soe mer wéi et ass. Eis Aktioun wor einfach ze krass, vläit hätt een eppes méi Symbolesches maache sollen, ee Lieserbréif schreiwen oder sou.

**Ausstatterin**: Jo, an eppes mat Kräid op de Buedem virun d'Firmenzentral molen.

**Botzfra**: Ech hätt et och duerno direkt fortbotzen kënnen.

**Sekretärin**: Da wier de Ruff vun der Firma...wat soen ech: de Ruff vun der Welt zwar schwéier geschiedegt gewiecht! Da wiere mer zwar wierklech Terroristinnen.

**Infirmière**: Dir begräift einfach net, datt Ännerungen just ganz ganz ganz ganz lues geschéie kënnen.

**Sekretärin**: De Chef huet Recht. 'T ass dach guer net schlecht, dat mir schonn d'Wahlrecht hunn, nee? Also huele mer lo de Wellnesspak a fäerdeg.

**Infirmière**: De Chef weess virun allem selwer am beschten, wat gutt fir d'Firma ass, a wat net. Mir hätten do einfach méi Vertrauen hu sollen.

**Walentina**: Et geet hei em eppes méi Grousses, gell Jerkin...

**Infirmière**: Mir brauche näischt Grousses, mir brauchen dee ganze Schrott net vu gläich Chancen, gläich Paie, gläich gläich gläich. Et geet einfach drëm, dass mir e normalt Liewen hu kënnen.

**Walentina**: Mir hunn ebe keen normalt Liewen wa mir mol net mat deenen einfachste Fuerderungen duerchkommen.

**Infirmière**: Dat wëllt dir eis just arieden, wa mir eis einfach un d'Reegelen gehalen hätten, hätte mer keng Probleemer kritt. Mir hu si provoziert, kee Wonner, dat si sou reagieren. Dir benotzt eis fir äre klenge Krich géint d'Männer ze féieren.

**Ausstatterin**: Sief net traureg. Schrëtt fir Schrëtt verbessert sech d'Welt.

*(Jerkin leeft fort)*

**Walentina**: Jerkin? Gutt geschafft, lo hu mer d'Zalot. Mir kënnen dach net beim éichte Widerstand all eis Prinzipien iwuer Bord geheien, mir sinn dach net bei der LSAP.

**Ausstatterin**: Deet mer Leed. Mä ech mengen mir kréien d'Firma net verbessert.

**Walentina**: Dir gitt lo all zereck an är Kapsel a versicht méiglechst roueg ze otmen. Mir hunn nach eng Emronnung em P2 Zäit, an déi wäerte mer sennvoll asetzen. D'Verhandlungen gi weider.

**Ausstatterin**: An wann dat näischt gett?

**Walentina**: (*Leeft dem Jerkin no, rífft*) Dat kucke mer dann.

**Infirmière**: Si si lo och nach rose mat eis?

**Sekretärin**: Si mengen et net béiss, Tania. Se hunn sech einfach zevill virgeholl, direkt d'Gläichheet am ganze Weltraum anzefuerderen. Et hätt een mat Gläichheet um Mound ufänke kënnen...

**Ausstatterin**: Deen ass och scho vu Männer besat... U sech bräichte mer Onofhängekeet.

*(Walentina kennt an d'Kapsel bei d'Jerkin)*

**Walentina**: Ween huet da lo un dengem Kichelchen gegrimmelt? Mir mussen Nosiicht hunn, si hunn sech nach net sou lang mat dem Thema ausergesat.

**Jerkin**: Nee, Walentina, si hu Recht. Mir hu si an eppes rangezunn, wat vläit guer net hiere Kampf ass.

---

## 12) Preparatiounen fir Plang B

12(a)

LOCATION: Rettungskapsel

**A5**: Ech hu keng Angscht, ech hat nach nie Angscht, du hues Angscht.

**A3**: So dat nach eng Kéier an ech ginn der e Grond Angscht ze hunn.

**A7**: Leit, mir si lo geschwenn...

**A2:** Du hältst dich doch raus, Schwuchtel, mir klären das lo ennen Männer.

**A7:** Mä et ass...

**A1:** Du meinst also, ech...

*(Si crashen an d'Äerd)*

12(b)

LOCATION: Buedemstatioun

*(Um Groundcontroll, op deenen eenzelnen Bildschirmer sinn déi eenzeln Besatzungsmitglieder an hieren jeweiligen Kabinen ze gesinn. Den PR-Mann zortéiert Dossieren)*

**Sally May:** Eng vun hinnen mécht déi ganzen Zäit Duerchsoen, soll ech den Toun umaachen?

**Informatiker:** Nee, looss sinn, Fraen kënnen sech och wonnerbar mat sech selwer ennerhalen. Hähä.

**Chef:** Wichtig ass, dat se net zevill hysteresch a verbruet ginn.

**PR-Mann:** Kee schwätzt, ausser mir, ass dat kloer? Als éischt dat uewe riets.

**Chef:** Maach dass dat mat de Verhandlung lo séier geet.

**PR-Mann:** Mat der Verhandlungstaktik, déi ech rausgesicht hunn brauch ech 10 min. Ausserdeem geet et duer, dass een eenzegt nogëtt an eis manuell d'Kontroll iwwerdréit. Roueg lo, ech fänken un.

**Vize-Chef:** Gëtt dat net sou lues zäitlech ee bëssen enk, wa mer d'Resourcebréck ganz opbauen an duerno nach um Planéit lande wellen? Ech mengen hinne kéint de Sauerstoff ausgoen, ier se geland sinn.

**PR-Mann:** *(Beméit sech roueg ze bleiwen ass awer duerch d'Ennerbriechungen genervt)* Soulaang d'Raumschiff um Planéit ukënnt, kënnen mer behaupten, eng Persoun hätt en am Numm vun eiser Firma ageholl. A wier eben duerno accidentéiert, ween soll dat schonn iwwerprüfen.

**Vize-Chef:** Oh mei, oh mei.

**Sally May:** Et ass also guer net geplangt, dass...

**Chef:** Dat ka jo net sinn.

**Vize-Chefin:** Tschö, Sally, mir wëllen hei ufänken.

**Informatiker:** Typesch Fra: kann net ophalen mat schwetzen.

**Chef:** Sally, géi Kaffi maachen. Dobaussen. Ouni Kameidi an ouni Filter.

**PR-Mann:** *(Deit dem Chef op de Vize-Chefin hin)* Vlät sollen all d'Leit, déi emotional ze schwach heifir sinn besser...

**Chef:** *(Zur Vize-Chefin)* Hei, geess du w.e.g. hëllef Kaffi maachen.

**Vize-Chefin:** Ech sinn net an dëser Firma fir Kaffi ze maachen. Ech si Vize-Chefin.

**PR-Mann:** Stuppi, raus lo, du lenks mech of.

**Chef:** Wéi, ech duecht, hien wier de Vize-Chef?

*(Weisst op de Vize-Chef, deen sech grad d'An zouhällt)*

**Vize-Chefin:** Ech si gläichberechtigt an där Positioun...

**Chef:** Zanter wéini dat dann?

**PR-Mann:** Schluss elo. Raus! Jiddereen!

**Chef:** Dir zwee, mat a mäi Büro!

**PR-Mann:** Okay, *(kuckt op d'Bildschirmer)* si mer endlech prett? Dréck op de Knäppchen.

12(c)

LOCATION: Reisdorf

*(Beim Uertsscheld vu Reisdorf, een Astronaut huet iwwerliewt, kennt vun der Säit un, erkennt wou en ass)*

**A7:** Dat gett et dach net. Ech sinn an deem hannerleschte Kaff vun inzestösen Nazi-Bauern geland.

**Stemm aus dem Hannergrond:** 3 mol Nee!

*(Kuckt op säin Handy)*

**A7:** An Emfank huet een an deem schäiss Lach hei natirlech och net.

12(d)

LOCATION: Um Wee fir an de Büro vum Chef

**Vize-Chefin:** Ech well drop hiweisen, datt ech schon, éier Äre Papp huet missen zerecktriede, eng héich Positioun hat, an dat ech zimmlech vill an deser Firma...

**Chef:** Berouegt iech dach endlech. Ech wosst guer net, dass Dir sou ambitionnéiert wiert. Fir Carrière ze man muss ee wierklech schon en immenst Engagement opweisen.

**Vize-Chefin:** Ech sinn all Dag vun der Woch 14 Stonnen um Büro!

**Chef:** Do muss ee scho vill Zäit investéieren. *(schwätzt viru sech hin a lauschtert der Vize-Chefin net no)*

**Vize-Chefin:** Ech hunn deelweis Aarbeschten vun aneren iwverholl!

**Chef:** Do muss ee flexibel sinn.

**Vize-Chefin:** Ech hunn d'Responsabilitéit fir Faux-Pas'en vun aneren iwverholl!

**Chef:** Do muss ee Verantwortung iwverhuelen.

*(Vize-Chefin wees net méi wat se soe soll)*

**Vize-Chefin:** Ech hunn an deser Firma Belästegungen iwver mech ergoen gelooss an d'Zänn zesummegebass.

**Chef:** Wann Der wierklech sou empfindlech sidd, dann hutt der an dëser Branche näicht verluer.

Kuckt. Dir sidd verstänneg a kënnt och mol mat der Fauscht op den Dësch schloen, wann eis Jongen sech de Batti stellen. Dir sidd attraktiv. Dir kënnt iech gutt an anerer eraversetzen. All dës Soft Skills sinn fir d'Fonctionnement vun eiser Firma onverzichtbar. Se si virun allem eng wonnerbar Ergänzung zu den Attouen vun Äere männleche Kolleegen. Fir Chef ze sinn brauch een awer och Allianzen, et muss een raus goen an potent Geschäftspartner kenneléieren, op der Buddies-Night zum Beispill.

**Vize-Chefin:** Déi loossen keng Fraen ran.

**Chef:** Also sou pauschal kann een dat net behaupten. Lauschtert. Fir Chef muss een einfach alleng schon vum Optrieden hier e Führungstyp sinn. Einfach vun der Statur hier, verstidd Der? Sou gesait en nächste Chef aus.

*(Vize-Chefin leeft raus, klaackt d'Dier)*

**Chef:** Fraen, mer wäerten se ni verstoen. Ech ginn nees rof.

**Vize-Chef:** Ech komme mat.

**Chef:** Setz du dech do op de Stull, mäi Bouf.

**Vize-Chef:** Mä Chef, dat ass dach Ären Stull.

**Chef:** Jo, mä kee Mënsch bleiwt éiweg Chef. An ech hat dech schon vun Ufank un am Kapp. *(Kuckt aus der Fenster an de Kontrollraum)* Dat wäert eng Kéier alles dir gehéieren.

**Vize-Chef** *(kuckt op de Schreiwdesch):* Och deen Pobeier-Schredder hei?

**Chef:** Du waards lo einfach hei, bis mir dobanne fäerdeg sinn. Dobäi léierst du eng wichteg Lektioen iwver d'Karrière-Maachen.

**Vize-Chef:** *(Zerschreddert grad eppes)* An zwar?

**Chef:** Et gett Momenter, an deenen een opfale muss, a Momenter an deenen een einfach de Courage muss hunn näischt ze maachen.

---

### 13) "Verhandlungen"

LOCATION: Raumscheff

*(Jeweils an de Kapselen)*

**PR-Mann:** Jerkin, mir leien hei Dossieren fir, aus deenen erfiergeet, dass du an denger Studienzäit

och als Model geschafft hues. Schwéier virstellbar. Op jiddefall gett et dovunner souguer och nach Photoen, relativ amüsan. Lueden déi mol op de Server rop.

**Walentina:** Wat soll de Blödsinn, mir schwätzen hei grad iwver Aarbechtskonditiounen...

**PR-Mann:** Just schued, dass de bei eis emmer sou zougeknäppt ronderemleefs.

*(Kapsel vun der Ausstatterin)*

**PR-Mann:** Firwat sollt een Verträg fir Leit verlängeren, déi een net brauch? Ech hu souwiesou nie richtig verstan, firwat een souepes wéi dech iwverhaapt an der Raumfahrt braucht, du bass komplett ersetzbar. Mir hätten dech scho laang duerch e Roboter ersat, wann déi net sou deier wieren. Wat ass scho méi genee deng Aufgab?

*(Kapsel vun der Botzfra, am Hannergrond Staubsauger, Biesen etc.)*

**Botzfra:** Botzen

**PR-Mann:** Moment, dat heescht du hues och guer keen Zougrefe op d'Technik.

**Botzfra:** Nee, ech sinn einfach just hei fir ze botzen.

**PR-Mann:** Ech gesinn hei, dats du bei eis schwaarz ugestallt bass, a guer kee Kontrakt bei eis hues.

**Botzfra:** Genee.

**PR-Mann:** Ah ehm, *(zum Informatiker)* dat nächst...

*(Kapsel vun der Sekretärin)*

**PR-Mann:** Nach net wäit komm an der Karriere. Trotz dësen zimmlech gudde Ofschlëss... Mä Klassebescht ze sinn huet dir wuel net vill bruecht an der richteger Berufswelt *(Kuckt den Dossier duerch)*.

**Sekretärin:** Mech lo perséinlech ugräiffen bréngt eis kaum weider, dir wësst wat mir wëllen...

**PR-Mann:** Bon, wat ech vun dir wëll, dat kann ech der jo nach eng Kéier privat matdeelen. An der Firma hues du mat därer Aktioun lo jiddefalls ee schwierige Stand, do si mer eis eenz, oder?

*(Kapsel vun der Infirmière)*

**PR-Mann:** Du hues an denger Demande d'emploi geschriwwen, dats du Planéiten gär hues. Géint sou zwee grouss Planéiten hunn ech och näischt, muss ech soen, du wesst bescheet. Zwou Bulle Mokka, do sängen dach och Frae gäre matt. Et gett awer just ee klenge Probleem, an zwar dass des Planéiten, em déi et lo geet, alle béid eis gehéieren.

**Infirmière:** Et deet mer Leed, et deet mer Leed...

**PR-Mann:** Lauschter, d'Lag ass lo sou...

*(Kapsel Jerkin an Walentina, Walentina ignoréiert de Bildschirm an ass um tippen)*

**PR-Mann:** Ech wëll dir jo näicht Schlechtes, ech wëll nëmmen, dass de verstees, dass de keng Chance hues. Weess de, ech kann iech Feministinnen mol net widderspriechen. Natirlech dominéieren d'Männer a Wirtschaft, Politik an och doheem. D'Äerd ass vu Männer dominéiert. A bei deem neie Planéit wäert et net aanescht sinn. Mä dat heescht net, dat Fraen wéis du, staark Fraen mat gudde Fähigkeiten, net och hier Plaz hu wäerten. Däin Engagement weist, dass du an dëser Welt gutt iwverliewe kanns.

**PR-Mann:** Lo lauschter gutt no. Du hues virun dir de Bordcomputer,

*(An der Kabinn vun der Sekretärin)*

**PR-Mann:** Géi an de Controllpanel *(zum Informatiker)* Wéi erklären ech dat enger Fra?

*(An der Kabinn vum Jerkin)*

**PR-Mann:** Du kanns d'Kontroll un d'Buedemstatioun iwverdroen.

*(An der Kabinn vun der Ausstatterin)*

**PR-Mann:** Du weess, ween d'Kontroll soll hunn.

*(An der Kabinn vun der Infirmière)*

**PR-Mann:** Du weess, wéi d'Spillreegelen sinn a virun allem ween se mécht.

*(An der Kabinn vum Walentina)*

**PR-Mann:** Du weess, dats du et a Wierklechkeet och wëlls. Vertrau mir einfach. Wee soss kann dech lo nach retten.

---

## 14) Um Chefsessel

LOCATION: Büro vum Chef

*(De Vizechef sëtzt am Büro a klunscht um Bürosstull ronderem a schreddert. Den Telefon am Büro schellt, hien zögert ee bessi ier hien dru geet, et ass emmerhin dem Chef säin Telefon.)*

**Vize-Chef:** Hallo?

**Mamm vum Chef:** Ech hat et schonn ëmmer komme gesinn, Fraen, déi a Raumschëffer matfléien an sech net doheem em d'Kanner këmmeren, dat si keng Gudder, hal dech nëmmen ewech vun deenen.

**Vize-Chef:** Pardon Madame, Äre Fils ass grad net am Büro...

**Mamm vum Chef:** Terroristen ginn déi lo um Fernseh genannt, géif mech net wonneren wann déi Fraen do mam islameschen Staat an d'Bett klammen.

**Vize-Chef:** Madame, ech hunn alles notéiert an ech soen dem Chef bescheet. *(hänkt an, den Telefon schellt awer direkt nees)* Hallo?

**Journalistin:** Mäi Numm ass Hänschenklein, ech si Journalistin a schreiwen iwwert dee skandaléise Virfall am Auto no der Pressekonferenz téschent der Vize-Cheffin an engem Mataabrechter vun iech. An ech soen Iech direkt, ech hunn et guer net gäer ofgewimmelt ze ginn *(Luucht um Telefon lücht)*

**Vize-Chef:** Moment Madame, ech hunn hei een Appell op der anerer Leitung *(schalt em)* Jo, Hallo?

**A7:** Hei ass Cpt. Nicholay, mir ehm, et gouf do een Téschenfall, wéi soll ech dat lo erklären...

**Vize-Chef:** Nicholay, mäi Gott, wou sidd dir?

**A7:** Zu Reisdorf.

**Vize-Chef:** Hä?

**A7:** Et gouf een, eh, techneschen Probleem wou mir wollten de P2 a Besëtzt huelen.

**Vize-Chef:** Jo, et gesäit ganz sou aus wéi wann d'Fraen iech rageluecht haten.

**A7:** U sech hate mer alles ënner Kontroll bis... wéi? Fraen? Waaaaaaataat? Also haten déi dreckeg Louderen d'Landungskapsel emprogramméiert...

**Vize-Chef:** Ehm, jo, ech muss dech och lo loossen, schéin dat dir nees do sitt. *(Am Hannergrond flucht den Astronaut weider, hien dreck eng Tast fir nees zereck an déi eischt Leitung ze kommen)* Pardon, mir goufen ennerbach, Dir sot grad?

**Journalistin:** Ech hunn deen Artikel lo einfach ouni Géigenduerstellung publizéiert. Dat ass zwar journalistesch gesinn ënner aller Sau, mä dat passt jo dann hei an d'Presselandschaft. Äddi *(Hänkt an)*.

**Vize-Chef:** Wéi een Artikel? Hallo? *(Säin Handy schellt, hien hänkt den Telefon an)* Oh hallo Schwësterchen, laang näischt vun dir héieren...

**Schwëster:** Ech hunn hei grad deen Artikel gelies, iwwert déi sexuell Belästegung bei dir an der Firma. Respekt fir déi Fra domat un d'Öffentlechkeet ze goen. Wanns du just eng Grëtz Anstand häss, géifs de sou engem schmuddlegen, réckstännegen Konzern direkt de Réck zouwenden an nach haut...

**Vize-Chef:** Hei, waard mol eng Sekonn, ech kréie grad nach vun menger Fra ugeruff, Moment, jo? Ha...

**Fra vum Vize:** Wat denkt sech déi Modi eigentlech, sech wéinst engem klengen Klaps sou opreegen ze mussen. Mécht grouss Karriere a wann et dann net weidergeet, mat soueppen kommen, dat ass dach lussh.

**Vize-Chef:** Jo dat...

**Fra vum Vize:** Déi richteg Probleemer, déi d'Fraen hunn, dat si net déi vun deene Karrieristinnen, mä déi vun deene Fraen, déi doheem bliwwen sinn...

**Vize-Chef:** An dofir sinn ech dir dach och ganz dankbar...

**Fra vum Vize:** Dat sinn nämlech déi Fraen, déi am Hannergrond dofir suergen, dat et rullt, an déi sech och em d'Kanner këmmeren...

**Vize-Chef:** Sief mer lo net rosen, mä ... mä Kannerbetreieung ass einfach net d'Thema vun dësem Film, okay?

**Fra vum Vize:** Waaaat, déi ganz Feminismus-Geschicht an dann kee Wuert zur Kannerbetreieung...

*(Den Telefon vum Chef schellt nees)*

**Vize-Chef:** Dat ass awer lo sou, ech erklären der alles den Owend wann ech fir d'essen heem kommen, okay? *(Geet un deen aneren Telefon)*

**Fra:** Ech hu grad dee Film hei gekuckt an der sot lo, dat Kannerbetreuung keen Thema ass. Dat ass mol nees typesch, déck iwver Sexismus, Karriere, Geschlechterrollen an dee ganze Kontrollschäiss schwätzen an d'Kannerbetreuung ganz rausloossen.

**Vize-Chef:** Ech, mä Madame... *(Säin Handy schellt, geet drun an hänkt aaneren Telefon einfach an)*

**Fra 2:** Mir sätzen hei heem, während dir iech do um Set an am Kino amüséiert. An dann net mol un d'Kannerbetreuung denken, nee, well déi Probleemer si ganz wäit fort, gell? *(Den Telefon schellt nees, hien hefft op an ass lo un 2 parallel)*

**Fra 3:** A sou well dir iwver d'Roll vun der Fra am 21. Joerhonnert schwätzt, an dann net mol iwver dat zentaaaaalsten Thema, nämlech d'Kannerbetreuung...

**Fra 4:** Pardon, ech wëll op déi Madame virdrun reagéieren. D'Fraen hunn näischt gewonn, wa sech a Crèchen och just Fraen em d'Kanner këmmere mussen, ennerbezuelt.

**Vize-Chef:** Dir kënnt dach nach net de ganze Film mat der Kannerbetrieungsdiskussioun ennerbriechen, et ass grad spannend.

---

## 15) Kitscheg Emanzipatioun

15(a)

LOCATION: Raumscheff

*(Am Raumscheff)*

**PR-Mann:** Sou, wou ware mer grad... Ah jo.

*(D'Besatzungsmitglieder sinn eenzel ze gesinn, Stëmmen vun der Buedemstatioun aus dem Off)*

**PR-Mann:** Deng Plaz ass an eiser Firma. Just als Deel vun eis kanns du iwverliewen. Maach einfach wat mer vun dir verlangen an alles ass nees an der Reih. Eis Bier ass ëmmer oppen.

**Informatiker:** Et huet nach keent reagéiert, si mussen et lo maachen.

**Chef:** Dir wäert eis lo d'Kontroll iwver d'Raumscheff iwverdroen.

**Informatiker:** Mengs de se hunn net verstan, wat se maache sollen? Also praktesch lo?

**Chef:** Wat leeft, wat ass lo futti? Ass de Mikro aus?

**Informatiker:** Et muss lo geschéien.

**PR-Mann:** Fraen. Kontroll-Iwwerdroung, lo!

*(Eenzel Kabinnen)*

**Walentina:** Nee

**Jerkin:** Nee

**Ausstatterin:** Nee

*(Op der Buedemstatioun, bei all "Nee" geet ee Bildschirm aus)*

**Infirmière:** Nee

**Sekretärin:** Okay.

*(Erliichterung op der Buedemstatioun, se klappen sech op d'Schëller)*

**Sekretärin:** Wor ee Witz. Gitt stierwen/Friesst Dreck!

15(b)

*(Am Raumscheff)*

**Ausstatterin:** Schued, dass mer lo net mol méi genuch Loft hunn fir eis Entscheidung ze feieren.

**Sekretärin:** ...an do ënnen ee Planéit mat der beschter Loft vun der Welt op eis waard.

**Jerkin:** Et mécht mech immens houfreg a glécklech, zesummen mat sou couragéierte Fraen en

Zeechen ze setzen. Et ass mer eng Erliichterung mat iech ze stiewen. Wollt ech just mol gesot hunn.

**Botzfra:** Kee wäert stierwen, mir lande lo einfach!

**Walentina:** Wa mer lo landen, awer nach kengem säin Kontrakt ofgelaf ass, gehéiert de Planéit der Firma.

**Jerkin:** Wa mir elo opginn, dann war all Méih emsoss an d'Patriachat huet awer nees gewonnen.

**Botzfra:** Mir landen lo direkt!

**Jerkin:** Ech hunn dach grad mega pathetesch erkläert, dass dat net meiglech ass!

**Botzfra:** Zut, vertraut mir dach einfach eng Kéier.

**Ausstatterin:** Wann hat sech secher ass?

**Jerkin:** Hei geet et net em Vertrauen mee em en histroesch Symbol vun der Emanzipatioun, en Zeeschen am Kampf geint déi onbezwengbar hegemonial Männlechkeet...

**Sekretärin:** Komm raus aus denger Opferroll. Mir gewannen lo!

**Jerkin:** Mä merde, dat wier sou ee coolt Symbol gewiecht, wann mir lo an deem Raumscheff zesummen...

**Ausstatterin:** Walentina, mir landen lo. Direkt.

**Walentina:** Mir können net mat desem Scheff landen...

**Sekretärin:** Et ass quasi onmeiglech, kee Astronaut kann dat...

**Jerkin** (*kuckt Walentina*): Nee keen Astronaut... mee ech kennen do eent, dat ass keen Astronaut. (*Grouss Paus*)

**Jerkin:** Spreng d'Resourcebréck of, mier landen.

**Walentina:** "Mir setzen all am Dreck awer e puer vun eis kucken d'Stäeren"

**Jerkin:** Net schlecht.

**Walentina:** Moment ech probéieren nach eent.

**Jerkin:** Probéier et dach mol mat "Mir huelen eis, wat eis zu Onrecht virenthalen gouf".

**Walentina:** Vu weem ass deen?

**Jerkin:** Marie Juchacz

**Walentina:** Kennen ech net.

**Sekretärin:** Dat kann dach net sinn, Putain, lo gi mir drop well dir hei pathetesch Sätz-Quartett spill.

**Walentina:** Okay dann "Mir huelen eis, wat eis zu Onrecht virenthalen gouf"

---

## 16) Gewalt a Faillite

LOCATION: Buedemstatioun

*(D'Buedemstatioun gesäit d'Biller vun der sech lassléisender Bréck, déi an Eenzelstécker zerfällt. Jiddverein\*t ass geschockt.)*

**Sally:** Ech hunn nogekuckt, d'Zerstéierung vun eiser Ressourcenbréck ass och net verséichert. Se ass jo méi grouss wéi een 2-Euro-Stéck.

**Chef:** Ahhh!

**PR-Mann:** Wat soll dat heeschen, net verséichert?

**Chef:** Mir si faillite.

**Informatiker:** Si probéieren ze landen, sou wéi et ausgesäit...

**PR-Mann:** Wat soll dat heeschen, si probéieren ze landen?

**Chef:** Dat mer awer net faillite sinn, mä e Planéit hunn.

**Informatiker:** Firwat géifen si landen, wann de Planéit dann eis gehéiert?

**PR-Mann:** Merde, wéi laang laafen hier Verträge nach?

**Chef:** Okay, mir sinn awer faillite.

**Sally:** D'Verträge laafen nach méi laang wéi si brauchen fir ze landen.

**Chef:** Mir sinn awer net faillite, Sally, Champes! An zwar de gudden aus mengem Büro. Direkt.

**PR-Mann:** (*Kroomt an sengen Ennerlagen ronderem*) Merde, Merde, Merde... Hei, déi hunn dach net

all deen nämlechten Vertrag. D'Botzfra.

**Informatiker:** Wat ass mat der Botzfra?

**PR-Mann:** Déi ass schwaarz ugestallt.

**Chef:** Ech huelen un dat wor méi belleg, stellt dir Är Botzfra dann net schwaarz un?

**PR-Mann:** Mä Merde, wann déi déi eischt um Planéit ass, dann ass de Planéit verluer!

**Informatiker:** Dat erkläert firwat se landen.

**Chef:** Neeeee, mir sinn faillite!

**PR-Mann:** Tschö, dann bitt dach een hinnen Vertrag un!

**Chef (hellt de Mikro):** Besatzung opgepasst, et handelt sech hei em ee grousst, grousst Messverständnis. Mir sinn eng moderat an tolern Firma, an natirlech schaffe mer all gläichberechtigt an op engem Niveau mateneen. Dowéinst hu mir lo grad entscheed iech nei Vertrag zoukommen ze loossen... Wat ass geschitt?

**Informatiker:** Si hunn nees d'Kontroll iwwert de Kommunikatiounssystem...a se hunn agehaangen.

**Chef:** Ahhh, mir sinn faillite.

**PR-Mann:** Alles ass riwwer.

**Chef:** Et ass eng Schan, ech hoffen si iwwerliewen d'Landung net.

**Informatiker:** Ech sot dach nach, dass all Raumscheff ee Selbstzerstéierungsmechanismus bräicht. Eis Satelliten hunn een, awer och nëmmen, well ech deemols insitéiert haat...

**PR-Mann:** Kann een mat deem Raumschëff iwwerhaapt landen?

**Chef:** Wat méchs du do?

**Informatiker:** Ma, ech fléien mam Satelitt dem Raumschëff no, fir dass mer nokucke kënnen. Hähä.

**PR-Mann:** Du häss vläit besser mam Satelit direkt an d'Raumschëff ranzeknuppen...

**Informatiker:** Raknuppen, hähä... ehm, seriö?

**Chef:** Da kréien déi mol sou richteg eng an d'Suddel, dofir dass se sech hei sou opféieren.

**PR-Mann:** Ganz éierlech, si hunn zimmlech duerno gefrot, oder?

**Chef:** Ween sou duerch d'Weltall flitt wëll jo praktesch, dass em eppes geschitt.

**PR-Mann:** Ween sech sou verhält ass selwer Schold.

**Chef:** Lo kréie se eben d'Rechnung fir hier Provokatiounen.

**Informatiker:** Eng Fra déi Nee seet, mengt jo. A lass!

**PR-Mann:** Géint ee Satelite-Crash an d'Raumschëff wiere mer iwwregens verséichert.

**Chef:** Mir sinn net faillite!

**PR-Mann:** Mir mussen der Verséicherung dat just als Accident verkafen.

**Informatiker:** Ma, mir soen einfach, d'Frae wiere beim Aparke vum Raumschëff an de Satelitt gerannt. Dat ass zimmlech plausibel.

---

## 17) Mann rett Fraen?

LOCATION: Büro vum Chef

*(Den Vize-Chef ass nach emmer um Telefon)*

**Vize-Chef:** Natirlech leie mir d'Kanner um Häerz an natirlech fannen ech datt Fraen gefördert gi mussen. Nee, ech ka grad kee Congé parental ufroen, du weess dach, ech krut grad vum Chef d'Vertrauen ausgeschwat. Stell der fir ech wier lo doheem, da géif eng Fra hei am Stull setzen. Dann ass et dach besser, ech sinn hei Chef a passen op d'Fraen op. An d'Wuelbefannen vun de Fraen läit mer wierklech um Häerz.

*(Sally kennt ran, ass opgerregt)*

**Vize-Chef:** Hei waart mol kuerz eng Sekonn. *(zum Sally)* Kann ech nees rofkommen. Wat ass dann geschitt?

**Sally:** Ech mengen si probéieren e Satelitt an d'Raumscheff fléien ze loossen an ech wert...

**Vize-Chef:** *(ennerbrecht hat)* Dat gleewen ech wuel kaum. *(klickt um Computer)* Wahhh, si

probéieren e Satelitt an d'Raumscheff fléien ze loossen. *(An den Telefon besse begeeschtert!)* Stell der fir, se wellen Fraen mat engem Satellite ofschéissen.

**Sally:** Wéi ass dem Chef säi Passwuert?

**Vize-Chef:** *(Paus... hien kritt vun der anerer Sait d'Levite geliess)* Wéi? Ehm dat ehm... ma Nee! Nee! Wat denks du vu mir? Natierlech maachen ech do net mat.

**Sally:** Kennt der e bessi riwwerreckelen, ech hu keng Plaz mat der Maus.

**Vize-Chef** *(zum Sally)* Just nach ee klenge Moment, ech muss menger Fra hei nach eppes erklären *(um Telefon)* Wou wor ech grad, ah jo, firwat mir Fraen vertraue können. He for she, weess de, de Video mat deem Harry-Potter-Meedchen, deens du mer gewisen haass... Sally, wat mechs du do?

**Sally:** Ech aktiveieren scho mol den Interface, mä de Flashplayer muss sech updaten, merde.

**Vize-Chef:** Sally, Moment, du gesäiss dach, dat ech grad um Telefon sinn. Geff mer zwou Sekonnen a looss mol mäi Computer a Rou. *(Sally reagiert net)* Sally, tschö, dir beschweiert iech jo emmer, dir wäert zanter Joerdausenden ennerdrecht, dann kennt et jo lo wuel net op 5 Minutte un? *(Um Telefon)* Bass du nach do? Ech benotzen elo einfach Selfdestruction fir de Sattelit, keng Ahnung wéi een Idiot déi Funktioun do agebaut huet. Fräiheet, Gläichheet, Schwesterlechkeet. Bäm. *(Drecks "Enter" - Satellite explodiert)*

*(Nach eng Kéier am Raumscheff, Close-up op all Besatzungsmitglied, op engem Bildschirm iergeren sech d'Leit op der Buedemstatioun)*

---

## 18) Outro

*Ofspann mat Retro - Landungsbiller.*